



Ech soe Merci fir de Support a si frou, dass mer dat heite kënnen adoptéieren an et dann och an der Praxis kënnen ëmsetzen an dann natierlech och nach eng Kéier en Effort maachen - d'Madamm Andrich hat dat och hei gesot - an dem Informatiounsberäich. Mir haten déi leschte Kéier och Formatioune gemaach fir déi Leit aus den Office-socialen. Do sinn der och vill komm aus de Gemengen oder aus deene Reseauen, déi do aktiv sinn.

Ech hu selwer, an ech wäert dat och elo erëm maachen, den Tour an de Gemenge gemaach. Ech hunn och de Gemengeresponsablen do d'Missioun, wann ech iwwerhaupt eng Missioun ze erdeelen hunn, mat op de Wee ginn, dass si an hire Gemenge solle mat hire responsabele Leit doriwwer schwätzen, fir dat kënnen un déi concernéiert Leit weiderzeginn. Well et geet net nëmmen duer - dat muss een och maachen -, fir breet Masseninformatiounen hei fléissen ze loosse, mä et muss een och cibléiert kënnen un déi Leit erukommen, well déi vläicht net ëmmer esou accessibel sinn, fir déi doten Informatiounen ze hunn, aner Suergen nach am Kapp hunn. An dat ass eppes, wat mer deemools scho gefleegt hunn, wou mer elo nach méi en Effort wäerte maachen. Et war an der Kommissioun diskutéiert ginn.

An dann awer och Merci fir déi Efforten an der Kommissioun, well mir haten de Bilan gemaach an de Constat gemaach, dass et der net vill waren, an dann hat ech e puer Propositionen op den Dësch geluecht. Dat waren eben déi, vun den 33% op déi 25% ze fueren, an anerer. Déi sinn och praktesch am Konsens do mat de Propose vun deene verschiddene Memberen aus der Kommissioun dunn ëmgeseit ginn. An ech mengen, et ass jo awer och esou, wéi an deem dote Beräich d'Politik sollt a ka fonctionnéieren. Mir hoffen, dass elo vill Leit kënnen dovunner profitéieren, fir hinnen am Alldag ze hëllefe bei deem schwierige Problem, wat de Logement nun eemol ass a wäert bleiwen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. A mir kënnen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7186 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7186 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass...

► **Une voix.** - Et geet net.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, ech hu 60 Ofstëmmungen. Da misst alles geklappt hunn.

58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeho.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wilseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Roger Negri) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagnier.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vum eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Orientéierungsdebatt iwwert de Finanzement vun deene groussen Infrastrukturprojeten. An

d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

8. 7187 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei der Orientéierungsdebatt vun haut geet et ëm net manner wéi 27 grouss Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung mëttel- a laangfristeg wëllt realiséieren. Dir verstitt, datt ech net op all Projet am Detail kann agoen.

Fir datt dës Projeten effektiv kënnen ëmgeseit ginn, muss d'Chamber fir d'Éischt hiren Accord de principe dozou ginn. Dat bedeit, datt déi néideg Etüden a Pläng fir all eenzelne Projet eréischt däerfe realiséiert ginn, wann d'Chamber der Regierung den Opdrag dofir gëtt. An et ass dat, wat mir haut wëlle maachen.

Eng kuerz Erklärung nach zu der Prozedur: Dir wësst, dës Prozedur ass 2005 agefouert ginn a bezitt sech op sämtlech grouss Infrastrukturprojeten, déi viraussichtlech méi wéi 10 Milliounen wäerte kaschten. Derbäi kënnt, datt fir all Projet, deen iwwer 40 Milliounen wäert leien, e speziell Finanzéierungsgesetz muss ausgeschafft ginn.

D'Zil vun dëser Prozedur besteet doran, d'Chamber vun Ufank un an d'Planung vun de Projeten anzebezieen an och fir méi Transparenz ze schafen, wat hire Finanzement ublaangt. Aus deemselwechte Grond muss den Nohaltegkeetsminister d'Budgetskontrollkommissioun och regelméisseg iwwert déi finanziell Entwécklung vun all Projet an d'Bild setzen. Souvill zu der Prozedur.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Ziel vun de Projeten, déi haut diskutéiert ginn, ass, wéi gesot, net kleng, et sinn der 27: 6 dovun gehéieren an de Beräich vun den Eisebunnsinfrastrukturen, 7 an de Beräich vun de Ponts et chaussées a 14 falen der ënnert d'Verantwortung vun der Administration des bâtiments publics.

Ech fänken u mat de Projekte vun den CFL, déi iwwert de Fonds du rail finanzéiert solle ginn.

Beim éischten handelt et sech ëm de Bau vun engem Park & Ride-Gebai mat 400 bis 500 Emplacementen um Arrêt Bascharage-Suessem, wou momentan just 100 Parkplaze bestinn. Dëst Parkhaus soll an de Joren 2021-2022 realiséiert ginn a beleeft sech viraussichtlech op e Käschtepunkt vu 15 Milliounen Euro.

En zweete Park & Ride mat op d'mannst 350 Emplacementen soll an de Joren 2021-2022 op der Gare vun Elwen am Norden entstoen, dëst fir e Käschtepunkt vun ongeféier 12,5 Milliounen Euro.

Dann zum drëtten Projet. Dee besteet aus der Suppressioun vum Passage à niveau 81b zu Capellen, dem Bau vun engem Parking mat 70 Stellplazen an dem Neibau vun der Haltestell op deemselwechte Site. An deem Kontext gëtt och d'Haltestell verlängert, fir genuch Plaz fir all Zuchkompositioun ze schafen. Donieft wäert de Site och behënnertegerecht a vélosfrëndlech amenagéiert ginn, dat Ganzt mat engem Käschtepunkt vun ongeféier 17,2 Milliounen Euro.

Eng weider Haltestell, déi moderniséiert a behënnertegerecht amenagéiert gëtt, ass déi vu Walfer. D'Aarbechte sollen tëschent 2020 an 2022 stattfannen a kaschte viraussichtlech 11,9 Milliounen Euro.

Dann nach dee fënnefte Projet, deen ass zu Bierchem ugeduecht, do soll d'Gare op der Beetebuerger Streck an de Joren 2020-2022 moderniséiert ginn. Hei ass villen geplangt. Dat aalt Gebai soll ofgerappt ginn, well et sech vum technesche Standpunkt hier net gutt renovéiere léisst. Amplaz kommen dofir awer geheizt Raim fir d'Clientéi vun der Bunn.

Donieft enthält de Projet och eng behënnertegerecht Upassung vun allen Infrastrukturen, de Bau vun enger neier Ennerféierung, d'Verlängerung vun de Quaieren, fir datt och hei all Zuchkompositioun um Quai kann halen, eng mBox fir Véloen, en neien Informatiounssystem fir d'Clienten an eng Erneuerung vun den elektreschen Traktiounen. De Käschtepunkt läit bei dësem Projet bei ongeféier 11,7 Milliounen.

Dee sechsten a leschten Eisebunnsprojet ass technescher Natur a bezitt sech op d'Erneuerung an dräi Phase vun de Sécherheestsinstallatiounen op der Nordstreck, dat heescht op der Eisebunnslinn tëschent der Stad Lëtzebuerg an Elwen. Dëst fir e Käschtepunkt vun ongeféier 36,7 Milliounen Euro.

Ech kéim da bei d'Ponts et chaussées, wou d'Projeten iwwert de Fonds des routes finan-

zéiert ginn a virun allem geduecht sinn, dat wëll ech betounen, fir méi Parkraum a méi Plaz fir de Bus a fir de Vélo ze schafen.

Deen éischte besteet aus dem Bau vun engem Park & Ride zu Mesenich bei Waasserbëlleg, direkt op der däitscher Grenz, wou momentan 261 Stellplazen installéiert sinn. Dëse Projet verleeft an zwou Phasen. Déi éischt besteet aus dem Bau vun zousätzleche 737 Parkplazen ënner fräiem Himmel, déi zweet Phas aus dem Bau vun engem Parkhaus mat ganzer 990 Stellplazen, soudatt de Berechnungen no insgesamt 1.727 (veuillez lire: 1.727 zousätzlech) Parkplaze fir d'Grenzgänger direkt bei der Grenz zur Verfügung wäerte stoen.

Parallèle dozou si Busnavetten an enger héijer Frequenz virgesinn, fir d'Pendler direkt op dëser Plaz opzefänken an da mat der Navette an d'Stad ze bréngen oder an d'Regiounen ronderëm. E Virschlag, deen an der Chamberskommissioun op oppen Ouere gestouss ass, war deen, Parkhaier wéi dat hei, mä och grouss Parkplazen ënner fräiem Himmel an Zukunft mat Fotovoltaikanlagen auszerüsten. Déi Propos ass vum Minister positiv opgeho. An och déi Etüde wäerten ulafen, wann Dir d'accord sidd.

Den zweete Projet vu Ponts et chaussées ass am Uelzechtdall virgesinn a bezitt sech op de Reamenagement vun der N7 tëschent Miersch a Walfer. Dat ass eng gréisser Streck. Hei ass geplangt, de Stroosseraum zugonschte vun de Vélosfuerer, de Foussgänger a vum Bustransport ëmzebauen an eng ganz Rei Moosnamen ze realiséieren, fir d'Vitesse op där Streck erofzesetzen an de Stroosseraum méi gréng ze gestalten.

Dëse Projet ass zesumme mat de betraffene Gemengen ausgeschafft ginn an en ass am Kontext vun der allgemeiner Verkéiersberoeung vun de Statsstroossen an den Uertschaften ze gesinn, esou wéi dat och a verschiddene Gemenge vum Süde scho realiséiert gëtt.

En drëtten grouse Projet zugonschte vu méi enger nohalter Mobilitéit ass den Amenagement vun enger sougenannter „Vélo-Expresslinn“ laanscht d'Escher Autobunn, d'A4, tëscht dem Echangeur Esch-Lankelz an dem Echangeur Leideleng-Nord. Dës Vélosstrooss souzeen, déi éischt am Land, soll begréngt ginn. Si soll komplett getrennt vun der Autobunn verlafen a mam Pôle d'échange Cloche d'Or respektiv mam Contournement vun Zeisseng a mat der Porte de Hollerich verbundene ginn, soudatt een dee Moment roueg a securiséiert vun Esch bis an d'Stad mam Vélo ka fueren.

Parallèle dozou wäert op der Autobunn eng getrennt Spur fir de Bus entstoen. Dës sougenannt „voie bus à confort élevé“ ass grad wéi d'Véloslinn e wichtegt Element vum sougenannte Plan national pour un développement durable, deen op d'Reduktioun vun CO₂-Emissiounen setzt an de Vélos- a Bustrafic als wichtegt Element vun engem ëmweltfrëndleche Mobilitéitskonzept ugesäit.

Ëm ëmweltfrëndleche Mobilitéit geet et och beim Projet vun „Bus à haut niveau de service“, dem BHNS, deen transversal duerch de Süde vum Land soll verlafen, dëst tëschent Dideleng a Péiteng.

D'Ponts et chaussées, den MDDI, d'Gemengen Esch, Suessem a Schëffleng, de Syndicat TICE an d'Cellule modèle de transport, d'CMT, koumen hei zur Konklusioun, datt esou e Bus déi bescht Léisung wier, fir d'Mobilitéit an der Südregioun méi effikass a méi nohalteg auszerüchten. An deem Sënn ass de BHNS mat enger Capacitéit vu bis zu 30.000 Passagéier am Dag als wichteg Ergänzung zu den TICE-Busser an zum Zuch am Süden unzegesinn an net als hire Konkurrent.

Beim fënnefte Projet geet et dann ëm eng nei Verbindungsstrooss, déi tëschent dem Pont Buchler bei der Stater Gare an Hollerech soll entstoen. Dëse Projet gëtt an enker Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg an der Association Wurth-Landewyck, déi un der Ausaarbechtung vun dësem Projet bedeelegt sinn, ausgeschafft.

Konkret geet et ëm de Bau vun engem neien Tracé, deen duerch Hollerech féiert an op der Escher Strooss an der Géigend vum aktuelle Gebai vun der Sécurité sociale soll erauskommen. Dës Verbindung steet och am Kader vun der Urbaniséierung vun deem Quartier. Si schaaft awer och Plaz fir d'Assise vum Tram, deen op dëser Streck a Richtung Hollerecher Gare wäert fueren. An donieft schaaft se och eng Verbindung zu der A4 a Richtung Esch.

De sechste Projet, dat ass eng weider Stéchtstrooss, déi an der Géigend vu Sandweiler an Hamm virgesinn ass, fir de Camiontrafic um Rond-point Irgäertchen ze reduzéieren. Dëse Projet gesäit eng nei Verbindung zu den Aktivitéitszone vu Sandweiler, Hesper a Conter vir a soll et erlaben, de Giddertransport vum normalen Trafic ze trennen.

Dëse Projet steet an enkem Zesummenhang mam siwenten, an zwar mam Reamenagement vum Rond-point Irgäertchen, deen nodréiglech an d'Lëscht vun de groussen Infrastrukturprojeten opgeho. Dir wësst, datt Gebaier aus de 70er Jore renovéierungsbedürftig sinn, wa se iwwerhaapt nach kënnen erhale ginn. Hei ass dat wahrscheinlech net de Fall.

Den drëtten a leschte Volet, op deen ech ze schwätze kommen, bezitt sech op déi öffentliche Gebaier, ugefaange mat siwe Projeten, déi iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs finanzéiert ginn.

Deen éischte besteet aus dem Neibau vum Bâtiment Robert Schuman am Kierchbiereg, wat Ufank de 70er Jore gebaut ginn ass an den haitegen Ufuerderungen a villen Hisiichten net méi gerecht gëtt. Ech muss do net an d'Detailer goen. Dir wësst, datt Gebaier aus de 70er Jore renovéierungsbedürftig sinn, wa se iwwerhaapt nach kënnen erhale ginn. Hei ass dat wahrscheinlech net de Fall.

An deem Gebai sinn d'Iwwersetzungsservicer an d'Imprimerie vun den europäeschen Institutionen ënnerbruecht. Am Kontext vum Reamenagement vun der Place Robert Schuman soll dëst Gebai mat Liewe gefëllt ginn, an zwar doduerch, datt Raum geschafe gëtt fir Wunnengen, kleng Geschäfte, Services de proximité a liberal Beruffer. Ugeduecht ass och, datt en Dokumentationszentrum iwwert déi europäesche Institutionen an där Infrastruktur soll entstoen. Wéi gesot, eng Infrastruktur, déi wahrscheinlech wäert ganz nei gebaut ginn, wat deem Ganzen och eng historiesch a kulturell Plus-value wäert ginn.

Direkt niewendru läit bekanntlech d'Philharmonie. Och an deem Gebai gëtt geschafft. Et geet drëms, de Foyer ze vergréisseren an déi néideg Plaz ze schafe fir eng professionell Restauratioun mat enger moderner Kantine fir d'Kënschtler, mä och mat engem zäitgemäissen a méi groussen Empfangsraum fir de grand Public.

Den drëtten Projet bezitt sech dann op de Prisons vu Schraaseng, dee renovéiert soll ginn. Dëse Projet gehéiert an de Kontext vun der Réforme pénitentiaire, déi ënner anerem derzou féiert, datt d'Prévenuen am Joer 2022 zu Suessem am Prisons vum Uerschterhaff wäerten ënnerbruecht ginn. Domat wäert Plaz am Prisons vu Schraaseng fräi gi fir de Bau vun enger zäitgemäisser Kichen, vu Besuchsraum, enger geriatrescher Unitéit, wou ee muss wëssen, datt déi eeler Prisonspopulatioun aner Bedürfnissen huet, zum Deel och krank ass an dofir besser getrennt vun deenen anere Prisonéier ënnerbruecht ass. An donieft soll hei och en neie Sécherheetstrakt entstoen.

De véierte Projet am Niveau vun den öffentlichen Gebaier besteet aus der Konstruktioun vun engem gemeinsamen Zentrum fir d'Retungsdréngschter a fir d'Police zu Esch mat Parking a gemeinsame Raimlechteeten. Dëse Projet soll et erlaben, Synergien tëschent de Rettungsdréngschter an der Police ze schafen. De Site stéisst un de Parking vun engem bekannte Supermarché zu Esch/Lalleng - Dir wësst, wien ech mengen - am Boulevard Aloyse Meyer a verleeft a Richtung Schëffleng.

Ëm d'Police geet et och beim nächste Projet, an zwar méi speziell ëm d'Policeschoul, déi um fréiere Site vun der Ediff zu Monnerech soll ënnerbruecht ginn. Fir d'Demandeurs de protection internationale, déi momentan an dësem Gebai installéiert sinn, entsteet eng nei Struktur zu Esch am Quartier Neiduerf, soudatt de Site vu Monnerech wäert fräi ginn.

Mam sechsten Projet komme mer an d'Chamber, wou mer eis hei befannen. Si ass op dräi Gebaier verdeelt, dat wësst Der och: de sougenannten Hôtel de la Chambre, d'Maison Prinz/Richard an d'Maison Wiltheim. Hei ass virgesinn, déi dräi Gebaier un déi bestoend Sécherheitsnormen unzepassen.

(Interruption)

An dann nach de siwente Projet...

An den Teppich kéint een och eng Kéier analyséieren an deem Kontext. Ganz gutt!

► **Une voix.** - Erausrappen!

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Verbrennen.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Erausrappen. Oder verbrennen, seet den Här Angel. Dat musst Der...

► **Une voix.** - Ooh!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Dat huet de Minister héieren.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mir missten e schéine Wues heibannen hunn.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - D'accord.

De siwente Projet, deen an der Kommissioun net op grouss Begeeschterung gestouss ass, bezitt sech op d'Propos vum Regierungsrat,



den État-major vun der Arméi um Rez-de-chaussée vum Bâtiment Saint Louis an der Escher Strooss ënnerzebréngen.

(Interruption)

Ech maachen eng kleng Paus, bis den Här Gibéryen erëm nolauschtert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, et ass ganz interessant.

► **Une voix.**- Deen Teppech...

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Ech mierken. Mir schwätze vum État-major. Ech mengen, dat interesséiert lech.

► **M. André Bauler** (DP).- Loosst lech net stéieren, Madamm Lorsché!

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Et ass d'Gebai, an deem och de SREL an den HCPN, den Haut-Commissariat à la protection nationale, schonn haut hire Sëtz hunn. Weinst där ganz zentraler Lag an de Schwierigkeiten, déi beim Ofséchere vum Site entstoe kéinten, ware mer an der Kommissioun der Meenung, datt dëst Gebai sech net besonnesch gutt fir deen Zweck eegent. Aus deem Grond hu mir dem Nohaltegkeetsminister proposéiert, datt d'Regierung no Alternative soll sichen, vu datt den État-major d'Rue Goethe Enn 2018 muss verloossen an en neie Site muss kréien.

Fir ofzeschlësse kommen ech zu de Projeten, déi iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires financéiert solle ginn a sech, wéi den Numm et seet, op Schoulgebaier bezéien.

Deen éischte Projet besteet aus der Renovatioun an aus der Sanéierung vun der École de Commerce et de Gestion um Campus Geesseknäppchen. Dëse Projet soll realiséiert ginn, soubal wéi d'Renovatioun vum Lycée Michel Rodange ofgeschloss ass. D'lescht Woch hu mer vun där Renovatioun geschwat. Dat erlaabt, datt och déi Schüler an der provisorescher Struktur um Campus Geesseknäppchen kënnen ënnerbruecht ginn.

Well d'Schülerzuel um gesamte Campus massiv geklommen ass an d'Densitéit vun de Gebaier op deem Site extrem héich ass, ass och geplangt, de ganze Campus nei ze organiséieren a puncto Mobilitéit a Convivialitéit. Donieft mussen och déi ënnerierdesch Reseauen ernaert ginn, well se ufänke vetuste ze ginn a Fuitten opweisen. Dat gëtt e gréissere Chantier.

E Gebai, wat ausgebaut muss ginn, fir der wuessender Schülerzuel an der wuessender Zuel vu Formationen gerecht ze ginn, ass de Lycée vu Clief. Momentan huet dee Lycée 800 Schüler. Hei soll Plaz geschafe gi fir zousätzlech 780 Schüler, soudatt duerno am Ganzen iwwer 1.500 Schüler dee Lycée kënnen besichen.

Dee véierte Projet betrëfft de Lycée Michel Lucius, dee momentan um Lampertsbiereg installéiert ass an op de Kierchbiereg soll deplacéiert ginn. Dat heescht, datt an der Géigend vum Kuelebiereg, no beim Boulevard Pierre Frieden, en neit Gebai fir dëse Lycée soll gebaut ginn, dëst mat enger Capacitéit vun 1.800 Schüler fir den Enseignement secondaire a vu 400 Schüler fir d'Grondschoul. Ënner anerem sollen och Sportinfrastrukturen an eng Schwämm op deem Site gebaut ginn, während de Quartier Lampertsbiereg dann zum Deel vum Schülertransport ka befreit ginn.

Ëm eng Mise en conformité an eng energieetesche Sanéierung geet et beim historiesch ganz wäertvolle Gebai vum Lycée technique des Arts et Métiers um Lampertsbiereg, wat den haitegen Normen a puncto Energie, Sécherheet an Accessibilitéit och net méi gerecht gëtt.

Net anescht ass et beim Jongelycée zu Esch, wou sech och eng Mise en conformité an eng energieetesche Sanéierung opdrängen.

Beim siwente Projet a leschte Schoulgebai handelt et sech ëm de Bau vun engem neie Lycée technique du Centre, dee momentan um Lampertsbiereg installéiert ass. Dat neit Gebai ass fir 2.500 Schüler geduecht, mat zousätzlech engem Zentrum fir Berufsvirausbildung fir 70 Schüler an enger Sportinfrastruktur mat Schwämm. Dëst Gebai soll tëschent dem Ban de Gasperich an dem Quartier Houwald gebaut ginn a Proximitéit zum Pôle d'échange Houwald, woumat eng gutt Ubannung un den effentlechen Transport assuréiert ka ginn, während de Lampertsbiereg och da vun dësem Schülertransport befreit ka ginn.

Souvill zu de 27 Projeten, déi vill méi detailléiert an der Kommissioun virgestallt gi sinn an den Aval vun der Kommissioun kritt hunn, wéi ech mäi Rapport virgeluecht hunn, sous réserve natierlech, datt fir den zukünftege Site vum État-major vun der Arméi eng alternativ Léisung proposéiert gëtt.

An deem Sënn iwwerreechen ech, Här President, eng deementsprechend Motioun.

Motion 1

La Chambre des Députés,

vu d'une part

- la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure;

- la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics;

vu d'autre part

- l'avis de la Cour des comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001;

- la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité;

- les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;

- la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion «grands projets d'infrastructure Travaux publics» du 23 octobre 2008;

- considérant que ladite procédure répond aux préoccupations dans la motion précitée du 29 janvier 2002;

- vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros;

- vu la liste des projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD) à charge du département du Développement durable et des Infrastructures, présentée lors des séances du 28 septembre 2017, du 6 octobre 2017 et du 16 novembre 2017 de la Commission du Développement durable;

- considérant que suite aux informations détaillées fournies par les responsables du Ministère du Développement durable et des Infrastructures, de l'Administration des ponts et chaussées et de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois, la Commission du Développement durable a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée;

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2018 afin de garantir les objectifs suivants:

1. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics administratifs

- bâtiment Robert Schuman à Luxembourg-Kirchberg

- extension du foyer et de l'accueil de la Philharmonie à Luxembourg-Kirchberg

- rénovation et assainissement du Centre pénitentiaire Schrassig

- construction d'un centre opérationnel et administratif des Services de l'incendie et de secours et de la Police grand-ducale à Esch-sur-Alzette

- École de police à Mondcrange

- sécurisation de la Chambre des Députés

- bâtiment Saint Louis sis route d'Esch à Luxembourg - mesures de sécurisation du site, sous réserve qu'un site alternatif pour l'état-major de l'armée sera étudié de surcroît

2. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics scolaires

- réaménagement du Campus Geesseknäppchen à Luxembourg

- Lycée technique École de Commerce et de Gestion - assainissement

- Lycée Clervaux - extension

- Lycée au Plateau de Kirchberg

- Lycée technique des Arts et Métiers - mise en conformité et assainissement

- Lycée de Garçons Esch-sur-Alzette - mise en conformité et assainissement

- Lycée à Howald

3. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail

- point d'arrêt de Bascharage-Sanem - aménagement d'un bâtiment P&R

- gare de Troisvierges - aménagement d'un bâtiment P&R

- point d'arrêt Capellen - suppression du passage à niveau 81b et reconstruction de l'arrêt

- point d'arrêt Walferdange - mise en conformité des infrastructures d'accueil des voyageurs

- gare de Berchem - renouvellement des infrastructures

- ligne de Luxembourg à Troisvierges - renouvellement des installations de sécurité

4. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes

- P&R Mesenich frontière

- nouvel échangeur raccordant la «zone nationale d'activités logistiques Centre» à l'autoroute A1

- restructuration des infrastructures de transports pour le bus à haut niveau de service «BHNS - transversal région Sud»

- route de liaison entre Hollerich et pont Buchler

- réaménagement de la N7 dans la vallée de l'Alzette entre Mersch et Walferdange

- réaménagement multimodal de l'autoroute A4

- réaménagement rond-point Schaffner/échangeur Irgarten

(s.) Josée Lorsché, Gast Gibéryen, Gusty Graas, Aly Kaes, Roger Negri, David Wagner.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Si ass vu sämtleche Fraktiounen a politesche Sensibilitäten heibannen ënnerschräwen, dat heescht vu sechs Deputéierten, a si fuerdert d'Regierung op, déi néideg Etüden ze lancéieren, fir datt d'Projete kënnen ëmgesat ginn.

Ech wéilt de Responsabele vun den CFL, de Ponts et chaussées an der Administration des bâtiments publics awer och e grouse Merci ausdrécken, well se eis wierklech ëmmer ganz detailléiert a kompetent Ried an Äntwert an der Kommissioun stinn an eis ëmmer mat hiren interessante Presentatiounen iwwerraschen.

Dann awer och e Merci un d'Madamm Rachel Moris, eis Sekretärin, déi nawell vill Aarbecht huet an ëmmer fläisseg zu Wierk geet.

Här President, net nëmmen als Rapportrice, mä och als Verriederin vun der grénger Fraktioun sinn ech frou, datt mer an dësem Dossier un engem Strang zéien an datt mer haut zesummenhalen, well et geet drëms, eist Land um Niveau vu wichtege Infrastrukturen nohaltege opstellen a fit ze maache fir d'Zukunft. Dowéinst ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Et war eng laang Lëscht, mä Dir waart awer ganz opmierksam.

Merci.

► **Une voix.**- Et war ganz gutt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. An aus Richtung Norde kënn den éischte Riedner op eis zou, den Här Aly Kaes.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

Débat

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Madamm Lorsché e ganz grouse Merci fir hiren exzellenten an ausféierleche schrëftlechen an och mündleche Rapport.

► **Une voix.**- Très bien! Très bien!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéint elo soen, et wier alles gelaf wéi déi lescht Joren. Mä leider muss ech awer mat enger Kritik ufänken.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, dat ass eben esou. Mir sinn näamlech dëst Joer esou spët u wéi nach ni virdrun zënter 2005 oder 2006 - et sief och -, wéi déi Prozedur agefouert ginn ass. Mir schreibe bekanntlech de 6. Dezember.

► **Une voix.**- Kleeserchersdag!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Am Fong war ugeduecht, dësen Debat am Laf vum Mount Oktober ze féieren, esou wéi et jo a sech och bal all Joer de Fall war, och wann et emol eng kéier liicht méi spët ginn ass. Et huet och a sech laang gedauert, muss ee ganz einfach soen, bis d'Kommissioun all d'Lëscht mat de Projete gesinn huet. Déi vu Ponts et chaussées hu mer eréischt Mëtt November kritt. Ech hunn dann awer och musse feststellen - dat war weinstens e bëssen d'Meenung -, datt d'Dokumentatioun dach awer vläicht net esou detailléiert war wéi déi Jore virdrun.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Oh, Dir sidd streng!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Heimat maachen ech en dréngenden Opruff un den Här Minister, fir d'nächst Joer d'Saach dach awer erëm, jo, méi seriö ze huelen.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Hie mécht dat!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat maachen ech ganz gär, wann d'Wieler och domat d'accord sinn.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Formidabel! Dës Prozedur ass 2005-2006 agefouert ginn, fir eng besser Finanzplanung ze erméiglechen a vu vieren voll Transparenz spillen ze loossen. Duerfir ass et net gutt, wann elo den Androck hannerlooss gëtt oder den Androck opkënn, et wier just e lästegen Exercice, dee mer missten esou séier wéi méiglech hannerun eis bréngen. Mä, Här Minister, ech sinn iwwerzeegt, datt Dir eng ganz Rei Erklärungen heizou hutt, well a priori ass dat jo a sech en No-Go, datt mer einfach emol esou vill méi spët sinn, ouni datt mer duerfir déi néideg Erklärungen kréien.

Här President, Kolleginnen a Kolleegen, no dëser ganz eescht gemengter an och eescht ze huelender Kritik dann awer elo zum Inhalt vun der Saach. Bon, wéi ech et scho gesot hunn: D'Madamm Lorsché ass jo schonn op d'Projeten agaang, soudatt ech mer just nach vereenzelt Projeten erauspicken.

Ufänke wëll ech mam Prisong vu Schraasseg, vun deem mer alleguerde jo wëssen, datt d'Konditiounen bei Wäitem net dat sinn, wat een optimal nennt. A wann deen neie Centre de détention um Uerschterhaff bis operationell ass, soll jo dann de Prisong vu Schrasseg ëmgebaut respektiv renovéiert ginn an esou amenaéiert ginn, datt och déi nei Prisongsreform, wa se dann eng kéier a Kraaft ass, dora kann ëmgesat ginn.

Et gehéiert ganz einfach zu engem moderne Land, datt een och e moderne Strofvollzuch huet. An dat geet just mat enger gudder a moderner Infrastruktur. Och Leit, déi am Prisong setzen, Dir Dammen an Dir Hären, hunn e mënschewierdege Kader verdéngt. Dee musse mer hinnen als moderne Stat, wéi ech scho gesot hunn, bidden.

Et ginn hei och eng ganz Rei vu Fraen an dem Prisong beherbergt. An duerfir ass et ëmsou méi néideg, datt d'Konditiounen deementsprechend sinn. Et muss ee sech natierlech bewosst ginn, datt esou Aarbechten an engem Prisong aus Sécherheetsgrënn net einfach sinn a vill kaschten a sech och méi zäitopwänneg wäerte gestalten.

Dir Dammen an Dir Hären, als laangjäreege fräiwëllege Pompjee begrëissen ech natierlech och de Bau vun engem Interventionszenter mat entsprechenenden administrative Services fir d'Pompjeeën an d'Services de secours vun Esch. Am selwechte Gebai gi jo dann och d'Regionaldirektioun vun der Escher Police an den Escher Commissariat ënnerbruecht, wat a sech eng ganz Rei vu sënnovolle Synergie soll bréngen, esou zum Beispill bei der Kantine.

Selbstverständlech gesi mir als CSV-Fraktioun och d'Noutwendegkeet an d'Importenz vun der Policeschoul - d'Madamm Lorsché ass am Detail drop agaang - zu Monnerech, gradesou wéi dovun, datt dëst Gebai an déi zwee aner Gebaier, déi zur Chamber gehéieren, securiséiert ginn. Leider liewe mer an enger Zäit oder an Zäiten, wou mer eis musse viru verschiddeenen oder diversen Attacke schützen.

Jo, dann erlaben ech mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och déi eng oder déi aner Remarque ze maachen iwwert de Bâtiment Saint Louis an der Escher Strooss hei an der Stad. Ech mengen, d'Madamm Lorsché ass och schonn dorop agaangen. Hei solle jo och eng ganz Rei vu Sécherheetsmoossnamen duerchgefouert ginn.

Et ass net ganz glécklech, datt den État-major vun der Arméi op esou enger iwwerlaaschter Verkéiersachs situéiert ass. An duerfir sinn ech, a bestëmmt och vill Responsabele vun der Arméi, frou, datt mer an der Kommissioun, esou wéi et schonn erwänt ginn ass, decidéiert hunn an och den Här Minister a sech suggeréiert huet, dach awer och iwwer Alternativen an dësem Beräich nozedenke respektiv Analysen ze maachen.

Här President, ausdrécklech begrëisse mer och als CSV-Fraktioun d'Investissementen an d'Schoulgebaier, wéi zum Beispill fir dee ganze Campus Geesseknäppchen, deen erkläert ginn



ass, den ECG an esou weider. Erlaabt mer als Norddeputéierten, mech awer ganz besonnesch driwwer ze freeën, datt de Lycée zu Clierf, deen de Moment nach keng Kanner huet, well e jo nach net a Betrib ass, emol direkt ausgebaut gëtt. Hei bewiese mer ganz kloer Wäitsicht. An ech wëll duerfir och deene Responsabele felicitéieren, datt mer elo schonn, wéi gesot, dee Lycée op deen neie Stand bréngen. Eppes wat iwwregens ursprüngelech scho vu verschiddene Säite gefuerdert ginn ass.

Dann ass an de Projeten och ze liesen, datt engersäits de Lycée Michel Lucius soll op de Kierchbiere kommen an anerersäits de Lycée technique du Centre op den Houwald. Et ass gutt, datt mat dese Mesuren de Lampertsbiere e bëssen entlaascht gëtt, well et e Quartier ass, deen deene ville Busser net esou richteg gewuens ass. A moies no hallwer aacht ass bekanntlech vill Stau an a ronderëm desen dach flotte Wunnquartier.

Bon, da kéim ech zum Fonds du rail. Et ass ze begrëssen, datt bei Zuchgaren eng ganz Rei Park & Ridé kommen: Bascharage-Suessem an Elwen. Doduerch ginn erëm, jo, méi Leit invitéiert, den Zuch ze huelen. Et ass net einfach fir vill Leit, well se ebe vun hiren Dierfer aus keng gutt Verbindung mam ëffentlechen Transport hunn. Mat dese Park & Riden dierft dat eppes méi einfach ginn, fir dann den Auto ze huelen, op d'Gare ze fueren, den Auto do ze parken an dann den ëffentlechen Transport ze huelen, fir dohinner ze fueren, wou se wëllen hikommen.

Ech wëll awer nach eng kéier op d'Komplementarität vun engem effikasse Ruffbusystem opmierksam maachen, wat jo eng laangjäreg - ech mengen, dat ass bekannt - Fuerderung vu mir ass. Wann dee System gutt organiséiert ass, géif et sécher dozou bäidroen, datt eng Rei Autoe kéinten doheem an der Garage bleiwen, wat och eng Entlaaschtung vun eise Stroosse wier a wat en absolutt Ëmklammen op den ëffentlechen Transport wier. Bon, den Här Minister ka jo vläicht herno drop agoen, wat an där Hisiicht méi konkret geplangt ass.

Wichtig ass och nach d'Erneuerung vun de Sécherheitsinstallatiounen, wéi et virdu gesot ginn ass, op der Linn Lëtzebuerg-Elwen. Dobäi geet et virun allem ëm dat Stéck Lëtzebuerg-Ettelbréck. A méi brauch ech u sech direkt zum Fonds du rail net ze soen.

Ech wëll awer ausdrécklech soen, datt ech et onglécklech fannen, datt d'Nordstreck nach wie vor als Stoussnéckel behandelt gëtt. Sou gesi mir dat douewen. Wa mer den ëffentlechen Transport och am Norde wëlle méi attraktiv maachen, da brauche mer méi Zweigleisegkeet op där Streck an en Hallefstonnen-takt ouni - ech betounen „ouni“! - Verspéidungen.

Wann ech mech iwwer Park & Ridé bei den Zuchgaré gefreet hunn, sou ginn d'Kolleegeinnen an d'Kollegen aus dem Oste mer sécherlech recht, datt esou Park & Riden och op der Grenz zu Däitschland respektiv souguer um däitschen Territoire musse kommen, soudatt d'Leit dann op de Bus an op den Zuch kënnen ëmklammen. Dës si wichteg Puzzlestécker vun enger Gesamtleisung vun eisen Transportproblemer.

Duerfir ënnerstëtze mer als CSV-Fraktion och ausdrécklech den Ausbau vum Park & Ride op der Aire de Wasserbillig op der A1. Bal 1.000 zousätzlech Parkplaze kënnen eng wichtig - ech betounen „eng wichtig“ - Entlaaschtung vun der Tréierer Autobunn mat sech bréngen.

E leschte Projet aus der Lëscht, deen ech wëll erwänen, fir dann duerno awer direkt mat engem anere Punkt drun unzknäppen, ass de Reamenagement vun der N7 am Uelzechtdall tëschent Walfer a Miersch. Dese Reamenagement ass néideg, nodeems d'Autobunn A7 am September 2015 opgaangen ass. D'Zil vum Reamenagement ass d'Promotivum vum ëffentlechen Transport an der aktiver Mobilitéit, kombinéiert mat enger Revaloriséierung vun den ëffentleche Flächen an enger Steigerung vun der Liewensqualitéit vun den Awunner an deem Dall, dat op enger Längt vu ronn eefel Kilometer.

Här President, léif Kolleegeinnen a Kollegen, domadder ass et fir mech bei der N7 awer net geden, well fir d'Leit aus dem Norde gëtt et op der N7 ëmmer méi katastrophal, an et deet mer leed: Eng Sträif vu 50 cm op all Säit bäiflécken ass definitiv net d'Leisung a gëtt douewe ganz einfach als Gespills ugesinn! D'A7 hält zu Colmer bekanntlech op. Den Norde fänkt awer eréischt do un. An op deem Stéck tëschent Colmer-Biereg-Schieren an der belscher Grenz sinn eng Rei Ukënnegunge gemaach ginn. Dobäi ass et awer bis haut bliwwen a kee

weess esou richteg, wou déi Projeten u sech dru sinn.

Duerfir hunn ech eng ganz Rei Froen un den Här Minister: Wéi gesäit et zum Beispill aus mat der Unterföhrung op der Closdelt? Ginn déi Contournementer vun Housen a vun Hengesch net am Timing wierklech virgezunn, well grad an desen Uertschaften spëtz sech de Verkéier ëmmer méi zou?

De Bypass um Rond-point Fridhaff misst scho laang gebaut sinn. Nach ëmmer gesäit een awer näischt dovun. Et ginn eng Rei Informatiounen, et wier elo esou wäit an esou weider. Mä an der Praxis, wann een all Dag moies dohinnerfiert, da stellt ee just fest, datt een am Stau steet.

Firwat gëtt d'Zone d'activité ZANO esou gebaut, datt en Ausbau vun der N7 op véier Spuren op deser Plaz dann duerno iwwerhaapt net méi méiglech ass?

Op den Dräispurepassagé vun der N7 war vun lech, Här Minister, eng Trennung tëschent zwou an enger Spur duerch eng Leitplank ugeduecht ginn. Gëtt dat tatsächlech realiséiert a wéini? Gëtt nach ëmmer un der Iddi festgehalen, laanscht déi ganz Streck vun der N7 eng Vélospist ze bauen?

An dann hunn ech neierdénge héieren, datt eis belsch Kollege géife plangen, bis 2023 eng modern Strooss tëschent der Lécker Autobunn an der Grenz ze bauen. Här Minister, Dir hutt mir an der Kommissioun geäntwert, Dir hätt eng Entrevue mat de Kollegen an der Belsch. Wësst Der mëttlerweil méi iwwert des Aussoen? A wann, wéi soll déi Strooss dann ausgesinn? Wann des Strooss Realitéit gëtt, bréngt dat onweigerlech nach méi Verkéier op d'N7. Kënn et dann doropshin och zu engem Ëmdenken, fir datt d'N7 net nach méi am Verkéier erstéckt?

Ech kéint elo nach mat enger Rei Froe virufueren, mä ech géif et emol dobäi beloussen. Dat alles si Froen, op déi mir natierlech frou wieren, eng konkret Äntwert ze kréien. An ech hoffen nach ëmmer, datt de Minister eng kéier agesäit, datt et nëmme eng - ech betounen „nëmme eng“ - zukunftsorientéiert Léisung gëtt fir d'N7: Dat ass a bleift eng véierspureg Strooss vun der A7 bis op d'Wämpershaart respektiv bis op d'Schmëdd.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn awer den Accord vun der CSV-Fraktion fir all déi Projeten, déi ugeduecht sinn. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächste Riedner ass den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol e grouse Merci un d'Madamm Lorsché fir hiren exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport.

Wann een op déi lescht Jorzéngten zrëckbléckt, da gesäit een eng Konstant an der Lëtzebuerger Politik: Dat sinn héich Investitiounen an Infrastrukturen. Wichtig ass dat fir eise Wirtschaftstanduert an och fir d'Zukunft vun eisem Land.

Wann Investitiounen iwwer Schold finanzéiert ginn, da sollt ee sech bewosst sinn, dass déi gutt Infrastrukturen, déi mer dann och hunn, och eng Zort Kapital duerstellen, déi zwar net op eise Konten optaucht, mä vun där d'Algemengheet dann awer all Dag ka profitéieren. An duerfir soll een dat och net verdäiwelen, wann dat iwwer Schold bezuelt gëtt.

Bei den Investitiounen, déi mer hei maachen, do ass et wichtig, dass een déi richteg Prioritéit setzt. Wichtig ass och, dass d'Chamber an déi Diskussiounen esou fréi wéi méiglech matagebonne gëtt. An desen Debat hei gëtt eis d'Geleeënheet, iwwer eenzel grouss Projeten eraus iwwert d'Entwécklung vun der Bautepolitik an eisem Land ze schwätzen.

Ee wichtigen Deel vun den Investissementer betrëfft eis Schoulinfrastrukturen. Et ass gutt a richteg, dass dese Volet ëmmer eng wichteg Roll spillt, well d'Bildungsausgaben deenen zougutkommen, déi spéider déi Schold, déi mer haut maachen, och mussen herno zrëckbezuelen, mä haut awer kënnen vun deenen Infrastrukturen profitéieren.

Et geet net duer, vun Zäit zu Zäit en neie Lycée ze bauen. Et muss een och déi besteeënd Gebaier ënnerhalen an heiansdo och ganz ëmstrukturéieren. Um Beispill vum Geesseknäppchen gesäit een dat ganz gutt. Dat ass e Campus, deen huet sech am Laf vun de Joren a vun der Zäit immens entwéckelt. Nei Gebaier sinn entstanen, besteeënder goufen ëmgebaut an insgesamt ass d'Capacitéit ganz staark an d'Luucht gaangen.

D'Basisinfrastruktur - déi jo och aus de 60er Joren ass, vum Ufank vun deene Gebailechkeeten um Geesseknäppchen -, déi gëtt och vun alle

Schoule genotzt, gouf awer net an deemselwechte Rhythmus ugepasst. An duerfir sinn do elo méi grondleeënd Aarbechten noutwendeg.

D'LSAP begréisst, dass net nëmme an déi Gebailechkeeten, déi ee mat den Ae gesäit, investéiert gëtt, mä dass och an déi ënnerierdesch Reseauen investéiert gëtt, an de Buedem investéiert gëtt, dee vläicht net esou prunkvoll ass, well een dat net esou einfach esou schéi ka weisen, wou et awer ëmsou méi wichtig ass, dass doranner investéiert gëtt, well déi Reseauen si ganz noutwendeg.

Och den Accès an d'Weeër fir d'Foussgänger ginn amenagéiert an et gëtt doranner investéiert. Dat ass also dann och eng Fro vu Confort, mä awer och eng Fro vu Sécherheet.

Och verschidde Gebaier op deem Campus mussen erneiert ginn a moderniséiert ginn, wéi zum Beispill de Lycée technique, den ECG, deen aus dem Joer 1968 - en exzellent Joer - ass. Fir de Lycée Michel-Rodange hu mer jo kierzlech och e Finanzéierungsgesetz gestëmmt. An en uerdentleche baulechen Zustand mussen dann och nach de Jongelycée vun Esch an den Arts et Métiers um Lampertsbiere bruecht ginn. De Clierfer Lycée muss ausgebaut ginn, well eng Rei vun neien Divisiounen oder vun neie Cyclen derbäikommen an iwwregens och d'Formation professionnelle do nach ausgebaut gëtt.

Iwwert des Renovéierungs- an Ausbaubarbechten eraus ass virgesinn, en Deel vun de Schüler vum Lampertsbiere eraus an d'Randgebiddere vun der Stad ze transferéieren, wat eng gutt Saach ass. Domat kann een en Deel vum Trafic aus dem Zentrum eraushuelen, e ka verlagert ginn an d'Schoule kënnen do och nei Ausbauméiglechkeete kréien.

De Lycée Michel Lucius soll op de Kierchbiere kommen, wou mat anere Servicer Synergie geschafe kënnen ginn. An de Lycée technique du Centre soll op en Terrain tëschent dem Ban de Gasperich an Houwald kommen.

D'LSAP ënnerstëtzt alleguer déi Projeten do am Prinzip. Souwéi d'Pläng méi konkret ginn, muss ee grad bei deene méi groussen Delokalisatiounsprojete sécher nach déi eng oder déi aner kéier hei an der Chamber iwwert d'Ëmsetzung schwätzen. Grad déi méi komplex Projekte wäerten herno wahrscheinlech méi wéi 40 Milliounen kaschten, soudass mer am Kader vun engem Spezialgesetz dann och nach am Detail hei an der Chamber wäerten drop kënnen agoen.

En aneren Deel vu Projekte betrëfft éischter den Thema Sécherheet. Dës Zort vu Projekte kann ee vläicht elo manner als Investitioun an d'Zukunft ugesinn, si sinn awer ganz wichtig. Mir wëllen am Noutfall op eng effikass Hëllef kënnen zielen. Dat bedeit, dass mer déi néideg Moyene fir d'Police an d'Rettungsdéngschter mussen zur Verfügung stellen. Doriwwer eraus sinn Antiterrorismesuren och zu Lëtzebuerg spierbar, duerfir mussen mer eis ëffentlech Gebaier och besser schützen. Et wëllt sech herno jo och kee soe loosse, mir hätten dovu gewosst a mir hätten näischt gemaach. Dat si jo déi éischt Stëmmen, déi haart ginn.

Dat betrëfft eis hei direkt an der Chamber, deenen hir dräi Gebaier securiséiert solle ginn. Dobäi hate mer eng Diskussioun an der Kommissioun, déi hoffentlech dozou féiert, dass e weidere Projet emol nach iwwerducht gëtt. Et geet ëm d'Securisation vum Bâtiment Saint Louis op der Escher Strooss, an deem de Moment elo de SREL an den Haut-Commissariat à la protection nationale dra sinn. A wann een esou Sitten esou exposéiert a wa se esou exposéiert sinn, da muss ee sech froen, ob et net besser wier, esou kritesch Statsservicer op aner Sitten ze bréngen, déi vläicht méi einfach kënnen ofgeséichert ginn, an ob et wierklech derwärt ass, esou vill Suen do ze investéieren, fir e Site ze securiséieren, deen u sech ënnert deem Aspekt ganz ongëschteg do läit.

E weidere Projet, deen och e Lien zur Sécherheet huet, ass d'Renovatioun vum Prisong zu Schraasseg, gekoppelt un d'Reform am Strof-vollzuch an de Bau vun der Maison d'arrêt um Uerschterhaff.

Doniewent gëtt et op eiser Lëscht vun deem Joer vum Fonds d'investissements publics administratifs nach zwee Projeten, déi an direkter Noperschaft zueneen leien. Zum enge soll de Foyer vun der Philharmonie ausgebaut ginn an zum anere gëtt d'Robert-Schuman-Gebai ofgerappt, soudass Spillraum entsteet, fir d'Place de l'Europe nei ze amenagéieren. Haaptsächlech sollen hei Wunnengen entstoen.

Wéi dat Gebai ufanks de 70er Jore gebaut gouf, du goung et virun allem drëm, e Véierel fir d'EU-Institutiounen zur Verfügung ze stellen an esou de Standuert Lëtzebuerg ofzesécheren. De Kierchbiere illustréiert u sech a villen Hisiichten, wéi sech d'Raumplanung an eis Bedürfnissen an de leschte Jore gewandelt hunn.

An de 70er Joren huet kaum ee sech Gedanken iwwert de Landverbrauch gemaach. Et war deemools eng Selbstverständlechkeet, dass all wichteg Institutiounen an der Stad missten ugesidelt ginn. Et gouf kee besonneschen Effort, fir derfir ze suergen, dass eng Mixitéit tëschent de verschiddene Fonctiounen an all Quartier an der Stad misst bestoen, wat derzou gefouert huet, dass ganz vill Leit, fir schaffen ze goen, haut an d'Stad musse fueren an awer net do wunnen.

Mat neie Projekte gëtt elo probéiert, des Mixitéit erëm e bëssen hierzustellen. Ee grouse Pluspunkt ass sécher, dass de Kierchbiere elo endlech mam Tram - ech gesinn elo leider keen Tramgéigner méi heibannen - a mam Funiculaire u modern ëffentlech Verkéiersmëttelen ugeschloss gëtt.

(**Interruption**)

Un deene Projeten, zu deene mer haut den Accord de principe ginn, kann een zum Deel ofliesen, wéi sech eis Gesellschaft an deene leschte Jorzéngte verännert huet. Si droen de Bedürfnissen vun haut Rechnung a probéiere gläichzäiteg, déi néideg Infrastrukture fir d'Zukunft bereetstellen.

Dat gesäit een iwwregens nach méi däitlech bei de Projeten, déi d'Mobilitéit betreffen, op déi herno mäi Kollege, de Roger Negri, wäert méi am Detail agoen. Grad an deem Beräich hu mer haut ganz, ganz aner Besoine wéi nach virun 20, 30 Joer, soudass hei ganz wesentlech Investitiounen néideg sinn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Bautepolitik u sech ass jo e ganz gudder Barometer, wéi d'Ekonomie sech an engem Land entwéckelt. A wann een de Moment duerch eist Ländche fiert, da muss ee feststellen, mat Satisfaktioun, datt d'Ekonomie ouni Zweifel gutt bei eis dréit. D'Ziel vun de Chantieren ass scho bal net méi ze iwwerblécken. Et gëtt ganz vill gebaut. Dat ass och gutt esou. A symptomatesch duerfir ass ouni Zweifel de Moment de Ban de Gasperich. Do gesäit een de Moment praktesch méi Kraner wéi Beem. An dat beweist jo, datt, wéi gesot, dës Land eng ganz grouss Dynamik de Moment virzeweisen huet.

Haut solle mer dann iwwer Projeten diskutéieren, déi an engem Zäitraum vu fënnf bis zéng Joer realiséiert ginn. D'Demokratesch Partei huet domadder kee Problem, datt deen Debat haut e bësse méi spéit stattfënn, vu datt mer eis jo awer hei mat Themen ausermesetzen, déi net fir muer sinn, mä fir iwwermuer. An da kënn et eiser Meinung no net op e Mount un, soudatt mir déi Kritik, déi virun hei geäussert ginn ass, jiddefalls net kënnen deelen.

De Plateau vum Kierchbiere, dee steet jo awer nu wierklech fir Dynamik. Déi nei modern Gebaier, déi an deene leschte Jorzéngten entstanen sinn, déi reflektéieren ouni Zweifel „Business“, déi reflektéieren „Wunneng“, déi reflektéieren awer och „Fräizäit“, well d'Ugebuert do och ganz grouss ginn ass an och ganz interessant ass. Elo och mam Aféiere vum Tram a mam Arrêt Pafendall wäert sech déi Situatioun do nach ouni Zweifel verbessern.

De Kierchbiere steet allerdénge och als Synonym fir Europa. De Kierchbiere ass grouss ginn, muss ee soen, duerch eng Rei vu wichtige Gebaier vun europäeschen Institutiounen. An d'Place de l'Europe huet jo net fir näischt deen Numm och kritt an dowéinst begrësse mer och virun allem, datt d'Place de l'Europe elo soll reamenagéiert ginn, well wann een déi Plaz am Moment kuckt, dann ass se net onbedéngt urbanistesche - wéi soll ech soen? - eng Meechterleeschtung. Si ass e bëssen triste. An duerfir ass et och gutt, wann hei e bësse méi Feinheit an och méi Liewen op déi Plaz do kënn.

Eenzel administrativ Gebaier, ouni elo an den Detail hei ze goen, gi jo och do elo reamenagéiert respektiv nei opgericht. Ech denken hei virun allem natierlech un d'Gebai vum Robert Schuman, wat jo och ofgerappt gëtt. Et kann ee bal soen, datt e klengt Wahrzeeche vum Kierchbiere domadder verschwénnt. Mä en Neibau ass ouni Zweifel hei opportoun.

Wa mer scho bei der Place de l'Europe sinn, si mer och ganz séier bei der Philharmonie. Vill Leit kënnen sech nach drun erënneren, datt de Bau deemools, jo, staark ëmstridde war. Ech géif soen, haut gëtt et awer keen, iwwert d'Konschtlihaber, d'Museklihaber eraus, deen dat a Fro stellt. Mir si frou, houfreg, datt mer d'Philharmonie hunn.

Datt elo nach zousätzlech Annexen do kommen, datt se zousätzlech nach en Attraktivitéit gewénnt, ass eng ganz gutt Saach, virun allem



och, wéi gesot, datt um Niveau vun der Restauration nach hei Neierunge virgeholl ginn, well déi Infrastruktur ass eppes, wat de Kierchbiereg méi attraktiv gemaach huet, wat d'Stad Lëtzebuerg méi attraktiv gemaach huet. An et muss een och drop hiweisen, datt dat jo awer och e positiven Impakt ouni Zweifel op den Tourismus huet.

Eriwwer da bei de Prisong vu Schraasseg. 1977 war deem hei decidéiert ginn. En ass 1984 a Betrib geholl ginn. 1986 huet sech schonn erausgestallt, datt en ze kleng war. An entre-temps huet - leider, muss ee soen - de Prisong heiansdo och negativ Schlagzeile gemaach. Gott sei Dank ass et awer an der leschter Zäit elo méi roueg ginn. Mä mir sinn eis bewosst: De Prisong zu Schraasseg huet e gewëssenen Imageproblem. An duerfir ass et och gutt, datt elo, nodeems datt dann de Prisong um Uerschterhaff soll fäerdeggestallt ginn, och hei dee Projet attackéiert gëtt, fir de Prisong zu Schraasseg méi modern ze amenagéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Süddeputéierten ass een natierlech och besonnesch frou, datt eng Rei wichteg Projeten do realiséiert ginn. Ech denken un de Bau fir d'Sécherheidsdängschter an d'Police. An dann och d'Iddi vun engem gemeinsame Bau, wéi gesot mat de Sécherheidsdängschter zesummen, ass gutt, well déi Raimlechkeete jo och dee Moment kënne gemeinsam genotzt ginn.

Datt och d'Policeschoul an de Süde kënnt, op Monneresch, ass natierlech vun eiser Säit aus nëmmen ze begrëssen. Et ass dat och e wichtigen Aspekt vun der Dezentraliséierungspolitik, well wa mer schonn ëmmer dervu schwätzen, datt mer net dierfen alles an der Stad a ronderëm d'Stad zentraliséieren, dann ass dat heite jo och e gutt Beispill, wou mer am Fong geholl da vun der Stad emol fortginn an aner Aktivitéiten iwwert d'Land implanteren.

Iwwer ee Punkt ass d'Demokratesch Partei och net glécklech an deem Pabeier, deem hei virgueluecht ginn ass. Och meng Virriedner hunn dat schonn hei ënnerbreet. Et geet effektiv ëm de Bâtiment Saint Louis an der Escher Strooss. Ech froe mech zwar, wou deem Numm hierkënn, Saint Louis, mä et sief dann, dorëms geet et jo elo net. Et geet drëms, datt den État-major vun der Arméi do soll eng nei Bleif fannen.

Mir gesinn dat ganz skeptesch. Mir fannen dat net onbedéngt déi allerbeschten Iddi, virun allem aus Sécherheetsgrënn. Et si schonn hei Virriedner, déi dorobber higewisen hunn. Mir géifen also hei d'Regierung respektiv de Minister opfuere, do nach eng Kéier mat sech - wéi seet een esou schéin? - zu Kouer ze goen an nach eng Kéier sech wierklech Gedanken ze maachen, ob een net e bessere Site ka fannen, well mir mengen net, datt dat hei déi allerbeschte Léisung ass. Ech denke virun allem un de Sécherheetsaspekt.

Wat eis natierlech awer och besonnesch erfreet, ass, datt am Niveau vun de schouleschen Infrastrukture ganz viles an deenen nächste Jorjénge geplangt ass. Dat ass och gutt esou. An de Schoule geet et natierlech prioritär ëm den Inhalt. Mä et geet awer och ëm den Equipement. A glécklech dat Land, wéi gesot, wat awer kann esou flott Infrastrukture virweisen. Dat soll allerdéngs net driwwer ewechtauschen, datt mer nach eng Rei Problemer hunn, datt eng Rei Gebaier a kengem esou gudden Zoustand sinn an datt och do mussen Nobesserunge gemaach ginn.

Dowéinst ass et besonnesch flott, datt de Campus Geesseknäppchen sech elo emol no engem méi kohärentem Konzept soll entwéckelen. Do ass natierlech eng rasant Entwécklung an deene leschte Jorjénge vir sech gaangen. Ech ka mech erënneren, wéi een als kleng Septimane am Kolléisch do ugefaangen huet: Do ware ronderëm nëmme Wäsen. Wann een haut kuckt, wat sech do alles entwéckelt huet, da spiert een awer spëtstens elo, datt mer do musse mat méi engem klore Konzept an Zukunft virgoen.

Mir hate jo net méi spéit wéi d'lescht Woch hei de Projet vun Michel-Rodange um Ordre du jour. An elo steet dann, wéi gesot, och d'École de Commerce et de Gestion um Ordre du jour. Och déi ass an engem relativ schlechten Zoustand. Et ass also net méi wéi normal, datt och déi assainéiert gëtt.

An dann dierf ee jo och net vergiessen, datt och soll den ëffentlechen Transport an déi Richtung verbessert ginn. Duerfir si mer och der Meinung, datt den Tram och fréier oder spéider eng Kéier soll dohinnerfuere.

Datselwecht gëllt awer och fir d'Leit aus dem Norden. Et dierf een net vergiessen, datt och do eng Populationsexplosioun, kann ee scho bal soen, vir sech gaangen ass an datt och do mussen d'Infrastrukture fir d'Schüler verbessert ginn, vergréssert ginn. An dat geschitt jo och elo mat der Extensioun vun Lycée zu Clief, wat mir och nëmme kënne begrëssen.

En neie Lycée kënnt jo dann och op de Kierchbiereg. Allerdéngs muss mer och oppassen, datt mer de Kierchbiereg elo net iwwerlueden, well och do fänkt een awer esou lues a lues un, d'Limitten ze gesinn.

Datselwecht gëllt iwwerengs och fir deem neie Lycée, deem elo soll op den Houwald kommen, an der Proximitéit vum Ban de Gasperich. Wéi gesot, de Ban de Gasperich, een, deem all Dag do laanschtfiert, gesäit jo, wat do amgang ass, sech ze entwéckelen, wat op déi eng Manéier immens positiv ass, op där anerer Säit weess een awer och, wat dat fir negativ Konsequenzen, besonnesch fir den Trafic, ka mat sech bréngen. Dowéinst muss een allerdéngs och an Zukunft dat vill méi mat consideréieren, wann ee grouss Infrastrukturen op esou Plaze wëllt realiséieren.

Ech wëll an deem Kontext och nach eng Kéier kuerz zrëckkommen op de Rifkin-Bericht, dee mer jo och hei viru 14 Deeg diskutéiert hunn. Do ass et ënner anerem ëm urban a suburban Arealer gaangen, déi solle méi benotzt ginn am Fong geholl och, fir do Geméis unzuplanze respektiv och nach Friichten an esou weider. An um Daach vum Lycée Michel-Rodange ass jo esou eng äänlech Installatioun virgesinn. Ech mengen, och do soll een dat hei nach eng Kéier widderhuelen, datt et och wichtig ass fir zukünftige Schoulgebaier, och virun allem aus pädagogesche Grënn, datt een esou Initiativen do géif virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo och guer keng Iwwerraschung, datt vun deene sëlliche Projeten, 27 sinn et der jo am Ganzen, vill den ëffentlechen Transport betreffen, virun allem. Et gi jo eng ganz Rei nei Park & Riden hei amenagéiert, zu Käerjeng, Suessem.

Allerdéngs muss een och soen: Den Aménagement vu Park & Riden huet awer och e Revers vun der Medail. Et gëtt jo awer och alt scho Gemengen, déi méi retizent sinn, wann et heescht, fir besteeënd Park & Ridé bei Gare nach ze vergréisseren. Et dierf een net vergiessen, datt doduerch awer och eng gewësse Sogwirkung entsteet, datt een zousätzleche Verkéier a seng Gemeng unzitt. An duerfir, och do muss ee wëssen, datt ee lues a lues u seng Limitte kënnt.

Allerdéngs, wat richtig ass, ass, datt mer um Niveau vum Grenzberäich e Maximum vu Park & Riden amenagéieren. Duerfir ass déi Iddi e gutt Beispill, fir zu Mesenich op der Aire de Wasserbillig e gréissere Park & Ride ze realiséieren, dat heescht, wou d'Capacitéit dann nach ëm 990 Plazen erhéicht gëtt. Ech mengen, datt ass e Projet, deem ouni Zweifel eis Zoustëmmung fënn. Mir kënnen do, wéi gesot, dann eng Rei vu Leit opfänken, déi sech dann iwwert de Wee vum Bus weider an d'Stad kënne bewegen.

Do hate mer dann och d'Diskussioun iwwert d'Notze vun der Fotovoltaik, déi do op deem Gebai a priori jo net virgesinn ass. Och do si mer der Meinung, do soll een Efforte maachen, fir datt selbstverständlech esou eng Installatioun do soll op den Daach kommen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Dann e Wuert och nach zu der Gare vu Bierchem. Contrairement zu där Gare vun Näerzeng, déi u sech en héijen architektonesche Wäert huet, déi awer nëmmen eng Sekonn virun zwielef gerett gi war deemools, well soss hätt se haut am Koup geleen, ass zu Bierchem d'Diskussioun e bëssen eng aner, dat ginn ech ganz gären zou. Do ass elo virgesinn, eng modern nei Gare ze amenagéieren, wat mer och nëmme richtig fannen.

Et dierf een net vergiessen, wann déi drëtt Streck bis realiséiert ass, da wäert och d'Gare vu Bierchem zousätzlech wichtig ginn, well och nach de Réiserbann insgesamt eng Géigend ass, wou nach Populationswuesstum virauszegesinn ass. An da kënne mer iwwert de Wee vun där neier moderner Gare vill méi Leit och do op den ëffentlechen Transport dee Moment drainéieren.

Datt d'Streck vu Lëtzebuerg op Elwen elo nach méi séchergestallt gëtt, ass eng Evidenz. Eng flott Streck: 77 Kilometer mat 123 Brécken an 19 Tunnelen. An duerfir, dat ass eng Streck, déi net nëmmen e gewëssene Charme huet, mä wou natierlech d'Sécherheet och muss am Vierdergrond stoen.

Iwwerhaupt, wa mer iwwert den Zuch diskutéieren, ass et interessant feststellen, datt d'Benotzerzuel immens an d'Luucht gaangen ass an datt se zum Beispill vun 2005 bis 2016 vu 14 op 22,5 Milliounen eropgaangen ass. Dat ass e Plus vu 60%.

Et muss een och hei ënnersträichen, datt d'CFL enorm Efforte gemaach huet. An duerfir soll hinnen och hei felicitéiert ginn, datt de Fuerpark insgesamt moderniséiert ginn ass, flott ginn ass. An ech mengen, haut kann een net

soen, datt een a vereelztem Material géif erëm-kutschéiert ginn, ganz au contraire. Tëscht 2010 an 2017 sinn zum Beispill 29 nei Automotricen a Betrib geholl ginn. Dat waren zousätzlech 9.000 Plazen. An haut fuere am Dag ronn 1.000 Zich op eise Reseau. Dat sinn also schonn impressionnant Chifferen.

En interessante Projet, wa mer scho beim ëffentlechen Transport sinn, ass jo dann och de BHNS, also de Bus à haut niveau de service. Un deem Numm muss ee sech och nach gewinnen. Dee soll jo elo an enger éischter Phas am Süden dann och realiséiert ginn. Ech mengen, och do ass dat eng Evidenz. Wann een de Süden analyséiert, da gesäit een, datt dat och nach eng Region ass, déi a voller Expansioun ass. Virun allem nei wirtschaftlech Aktivitéiten ginn do ugesidelt. Et gesäit een, datt déi Region jiddefalls voller Dynamik ass. An duerfir ass och de Bus hei eng gutt Alternativ, fir de Flux vun de Passagéier besser an de Griff ze kréien, ëmsou méi, well jo och d'Autobunn Esch-Stad all Dag bal esou iwwerlaascht ass wéi d'Diddelenger Autobunn. An dowéinst erwaarde mer eis schonn eng Verbesserung, wann och deem dote System wäert realiséiert ginn.

Dann ass jo virgesinn, fir parallel zur Autobunn e Couloir, kann ee bal soen, fir d'Véloen ze realiséieren, de sougenannten „Véloexpress A4“. Och dat geet an déi richtig Richtung.

Ech wëll allerdéngs hei ze bedenke ginn, datt et vläicht net ëmmer schrecklech interessant ass, wann ee mam Vélo laascht eng vill befuehren Autobunn fiert, dat virun allem natierlech och bedéngt duerch de Kaméidi. Do solle jo dann och déi néideg Moossname virgesi ginn. Ech denken do un e wirkungsvollen Écran antibruit. Ech denken awer virun allem och un eng gewësse Verdure. Et ass méi flott, et huet ee Beem ronderëm sech wéi Autoen, déi do déi ganzen Zäit Kaméidi maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen natierlech och net derlaascht, e Wuert iwwert d'Nordstrooss ze verléieren, allerdéngs net deem Deel, deem eenzel Leit heibanne méi interesséiert. Hei geet et ëm den ënneschten Deel, loosse mer emol esou soen, vu Walfer erop op Miersch, dee ganzen Uelzechtdall. Do ass jo duerch déi nei Autobunn, d'A7, eng mierklech Verbesserung entstanen. Do gëtt geschwat vu 35% manner Traffic an der südlicher Säit vum Echangeur Luerenzweiler. Do gesäit een also och, wat awer eng Emgeungsstrooss - et ass jo och an deem Sënn eng Emgeungsstrooss - ka bewierken. An datt elo e gewëssene Réckbau vun der N7 virgeholl gëtt, ass net méi wéi evident. Dat wäert ouni Zweifel och d'Qualitéit fir d'Awunner an dem Uelzechtdall verbessern. An dee Réckbau gesäit jo dann och vir, datt d'Mobilité douce verbessert gëtt, datt den ëffentlechen Transport verbessert gëtt an datt virun allem och déi Stroosse méi gréng ginn.

Ech wëll do op ee gutt Beispill hiweisen, dat ass Schieren. Schieren, wann een do viru 15, 20 Joer gefuer ass, huet sech do eng Blechlavin duerch déi Uertschaft gedrängelt. An haut ass dat zu engem gudden Deel net méi de Fall. Net méi spéit wéi gëschet oder virgësch hunn ech da gelies, datt de Schierener Gemengerot elo souguer driwwer nodenkt, fir en „shared space“ am Kär vun der Uertschaft ze maachen. Also och do gesäit een, wat fir e positiven Impakt awer dann esou Stroosse kënnen hunn.

Dowéinst ass et also richtig, datt een och elo am Uelzechtdall versicht, op dee Wee ze goen. Ob eng Kéier kann en „shared space“ zu Walfer, zu Luerenzweiler oder zu Lëntgen kommen, dat sief emol dohigestallt. Mä et ass awer richtig, datt mer esou Projete fir déi nächst Zäit virgesinn. Mir mussen eis einfach bewosst sinn: Den Auto kann net méi iwwerall déi éischt Gei spillen; ouni awer elo d'Autofuere hei natierlech ze verdamen.

Dann e weideren, ganz interessante Projet, dee mat Sécherheet éischter d'Kolleginnen an d'Kollegen hei aus der Stad Lëtzebuerg interesséiert, dat ass jo dann déi Verbindungsstrooss tëscht Hollerech an dem Pont Buchler, wou op engem 18,5 Hektar groussen Areal soll u sech e ganz neie Quartier, e moderne Quartier entstanen. Do gëtt u sech dem modernen Urbanismus eng grouss Chance reservéiert an deem Deel vun Hollerech wäert do ouni Zweifel staark valoriséiert ginn.

Iwwert d'Situatioun am Irgaart ass scho viles gesot ginn, si scho vill Question-parlementaire geschriwwen ginn. An ech muss zwar éierlech zouginn, wéi mer do d'Pläng vun dem Reaménagement gesinn hunn, hunn ech mech emol missen dru winnen, un déi vill Bunnen, un déi vill Schëlter, un déi vill rout Luuchten. Mä do gëtt een dann de Spezialisten awer recht an deem Sënn, datt hei muss eppes geschéien. Dat mierkt ee jo och besonnesch an de Spëttestonnen, wat fir eng chaotesch Situatioun do u sech ëmmer herrscht.

Jiddefalls ass eppes kloer: Och de Rond-point Irgäertchen ass e gutt Synonym fir de Wuesstum, dee grouss Wuesstum, deem hei am Land ass. Et ass natierlech elo net d'Plaz, fir déi Debatte hei unzestoussen.

Ech wëll allerdéngs zum Schluss nach eng kuerz Remarque maachen an do geet et ëm eis selwer heibanne respektiv ëm eis Gebailechkeeten, wou jo och elo virgesinn ass, zousätzlech Sécuritétsmoossnamen ze treffen. Ech géif soen, och dat ass net vu Muttwëll. Ech ginn emol dervun aus, datt mir vläicht net a priori d'Zilscheif vun Attacken hei sinn - hoffentlech iren ech mech och net -, mä et sollt een awer net esou naiv sinn a mengen, datt net awer eng Kéier eppes ka passéieren. Dowéinst begrësse mer et och, datt elo hei awer nogerüst gëtt an datt och déi néideg Sécherheetsmoossnamen um Niveau vun der Chamber elo virgesi sinn.

Voilà. Hei sinn eng ganz Rei interessant Projeten, déi hei deposéiert goufen. Natierlech wär nach iwwer eenzelner munches ze soen. Mä grosso modo steet d'Demokratesch Partei mat där eenzeger Ausnam, wou mer hoffen, datt awer vläicht dach trotzdem nach en Émdenke kënnt, kloer hannert dese Projeten a felicitéiert der Regierung fir déi vill Initiativen, déi hei geholl gi si mat de Leit aus deene verschiddene Verwaltungen, vun der Eisebunn, vun de Ponts et chaussées, déi hei eng exzellent Aarbecht gemaach hunn an déi eis och déi Projeten ëmmer en détail ganz gutt explizéiert hunn. An ech wëll awer och ofschléissend der Madamm Lorsché nach eng Kéier Merci soe fir ee vun hire ville ganz gudden Rapporten.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Meci. An d'Wuert huet direkt den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll och der Kollegin Josée Lorsché Merci soe fir hiren exzellente Rapport, dee se eis gemaach huet, wat eis et och erlaabt, datt mer net iwwer all Projet musse schwätzen, well si déi jo am Detail gutt hei presentéiert huet.

Mir schwätzen hei vu 27 Projeten, woubäi et ganz wichtig ass, datt do e ganz groussen Deel an den ëffentlechen Transport geet, an d'Strooss geet, et geet an d'Park & Riden an et geet an d'Lycéeën. Et ass also queesch duerch den Investitiounsgaart, wou mer hei investéieren. Mir wëssen, datt mer mat deem staarke Wuesstum, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, do e groussen Nohuelbedarf kréien an datt mer hei am Land, virun allem wat d'Aarbechtsplazen ubelaangt, och vu Joer zu Joer weiderwuessen, ëm 10.000, 12.000 Leit, wat de Problem am Transport, souwuel am ëffentleche wéi iwwert d'Stroossennetz, ëmmer wäert méi grouss maachen. A well mer Problemer hunn, fir engersäits d'Retarden opzefänken, an op där anerer Säit duerch dee konstante Wuesstum wäerte mer och esou séier net - wann iwwerhaupt - do bäikommen.

Ech mengen, datt mer des Prozedur zënter 2005 lafen hunn, ass eng gutt Prozedur. An et muss ee wëssen, an ech mengen, mir wëssen et alleguer heibannen, wa mer haut hei déi Motioun stëmmen, wou mer dann am Fong der Regierung d'Moyene ginn, fir d'Projeten ulafen ze loossen, datt et dann awer nach eng Zäitchen dauert, bis mer ufänken, déi Projeten ze bauen. Verschidde méi klenger kënne méi séier goen, mä verschidde gréisser Projeten, do wäert et nach eng Rei vu Joren daueren, bis mer heibanne kënnen déi Projeten definitiv a Form vun engem Gesetz stëmmen.

Duerfir, déi gutt an eescht gemengte Kritik vum Kolleg Aly Jaerling, datt des Debatt elo e puer Woche méi spéit stattfënn, mengen ech, dat mécht der Kaz...

► **Plusieurs voix.** - Net Aly Jaerling. Kaes!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Hat ech gesot...?

► **Plusieurs voix.** - „Aly Jaerling“, hat Der gesot

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Do gesitt Der, dat ass d'Vergaangenheet, well d'Vergaangenheet verléisst een ni. Do kann ee maachen, wat ee wëllt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir sidd staark impressionnéiert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat ass, jo, dat ass effektiv... Ech mengen, et ass och net fir d'Éischt, datt ech dat heibannen esou gesot hunn. Ech muss mer do emol eng Kéier iwwerleeën, wéi esou eppes ka méiglech sinn.



Mä déi gutt gemengten an eescht Gedanken, déi sech den Ali Kaes heibanne gemaach huet... Dat wäert der Kaz kee Bockel maachen, wa mer dat heiten e puer Woche méi spéit stëmmen. Déi Projete wäerten duerfir herno net méi fréi an och net méi spéit a Kraaft trieden.

Ech géif vläicht just op e puer Projeten agoen. Meng Virriedner hunn déi och zum Deel schonn heibannen ernimmt. Dat eent ass déi Expressvélospist, déi tèschent Lëtzebuerg an Esch soll gebaut ginn, déi elo a Planung soll goen. Ech mengen, all Vélospist, déi mer plangen, a virun allem all Vélospist, déi mer realiséieren, ass e gudder Projet. An an deene leschten zéng Joer, géif ech mengen, gi mer do méi systematesch vir. An ech sinn der Meinung, datt am Fong iwwerhaupt keng Stroosse méi dierfte gebaut ginn, wa mer net gläichzäitig, wa mer nei Stroossen duerch d'Land bauen, do Vélospiste matmaachen.

Mä de Gusty Graas huet mer hei virdrun och scho meng Gedanken e bësse materageholl. Wa mer eng Vélospist direkt laanscht eng Autobunn maachen, datt ass natierlech dann, wat den Tracé ubelaangt, liicht, et ass och warscheinlech eng relativ flaach Streck tèschent Esch an der Stad, mä mir mussen awer wëssen, déi Leit fueren dann awer eng ganz Rei Kilometer laanscht eng Autobunn. An ass net nëmme Kaméidi, et ass net nëmme keng schéi Vue, mä et ass virun allem och, mengen ech, e gewëssene Risiko, wat d'Ofgasen ubelaangt, wann een do muss déi ganzen Zäit laanscht eng Autobunn fueren. Virun allem, well et och nach eng Autobunn ass, déi an de Spëttestonnen ëmmer am Stau steet, a well dann d'Ofgasen nach méi grouss sinn. Do wier et, mengen ech, scho gutt, datt ee sech géif iwwerleeunge maachen, wéi een och eppes kéint géint déi Ofgase maache fir eis Vélofuerer, wa se dann eng Kéier kënnen tèschent Esch an der Stad an emgedréit hin- an hierfueren.

Dann ass geschwat ginn iwwert den neien Transport, de BHNS, dee mer am Süde solle kréien. Mir fannen dat als ADR eng ganz gutt Iddi. Ech mengen, Dir wësst alleguer... Virdrun, mengen ech, war et de Kolleg Engel, dee gesot huet, et wier den Abléck grad keen heibanne gewiescht, dee géint den Tram gewiescht war. Ech war net op menger Plaz, mä ech war heibannen. Duerfir hunn ech et héieren. A wéi gesot, mir fannen awer dat hei eng vill besser Léisung, well am Süden ass jo och eng Zäitchen iwwer en Tram geschwat ginn. Dat wier, mengen ech, nach méi eng grouss Katastroph ginn, wa mer do iwwer Bierg an Dall mat engem Tram gefuer wieren. Hei ass am Fong déi gutt Léisung. Et ass am Fong eng Iddi, déi an déi Richtung geet, wéi mer se zu Metz kennen, wou de Bus firt, dee flexibel ass, dee reservéiert Pisten huet. Wa mer an déi Richtung ginn, da fanne mer, ass dat eng gutt Richtung.

An duerfir muss een awer scho soen, datt all déi Ferventen, déi fir den Tram esou gutt an haart gejaunt hunn, datt déi awer och evaluéieren an elo d'Iddi am Süde fale gelooss hunn, fir a Richtung vun engem Tram ze goen, mä datt se och elo an esou eng Richtung ginn, wéi mir se als ADR ëmmer fir richtig a gutt befonnt hunn.

Zu Waasserbëlleg dann, an déi Park & Riden, déi mer ronderëm d'Land wëlle bäibauen, fanne mer richtig. Mir mussen och bedenken, datt mer elo eng Rei vu Park & Ridé schonn an deene vieregte Phase gestëmmt hu ronderëm d'Stad. Wat mir net esou gutt fannen, ass, datt d'Autoen elo nach duerch d'Land fueren, bis se eben herno op d'Cloche d'Or kommen oder op den Héienhaff kommen, fir do ze parken. Da sti se eiser Meinung no emol fir d'Éischt eng Stonn am Stau, fir iwwerhaupt op déi Park & Riden ze kommen.

Duerfir, déi Iddien, fir se op de Grenzen ze maachen, fir se ronderëm d'Land ze maachen oder se souguer an d'Grenzregioun ze maachen, quitte datt mer als Stat do matinvestéieren, déi fannen alleguer eis Zoustëmmung. An ech huelen elo ee Park & Ride eraus, datt ass dee vu Waasserbëlleg, deen uewen un d'Autobunn kënnt, wou jo awer praktesch dausend Plaze bäikommen. Dat ass eng gutt Iddi, well do fänke mer wierlech vill Leit op. A wa mer déi da kënnen mam öffentlichen Transport an d'Stad bréngen, da kann een dat nëmme begreissen.

De Gusty Graas huet, mengen ech, virdrun dervu geschwat, datt, wann een e Park & Ride bei eng Gare mécht, an eng Stad mécht, datt dat och u seng Grenze stéisst. An hei stellen ech mer d'Fro am Fong, wat de Park & Ride ubelaangt, dee mer zu Waasserbëlleg bei

d'Gare maache fir 737 Plazen. Do muss een natierlech wëssen, wann ee Waasserbëlleg kennt, do leeft haut schonn net méi vill eran an eraus an de Spëttestonnen. An do ass natierlech e Park & Ride, deen direkt bei d'Gare kënnt, natierlech positiv, well en direkt bei der Gare ass, mä et muss een awer wëssen, datt dat awer och zur Konsequenz kann hunn, datt mer nach méi Verkéier an déi Uertschaft erakréien, wéi mer es elo schonn hunn, vu datt mer och do en onheemlechen Transport hunn eleng wéinst dem Tanktourismus, deen zu Waasserbëlleg stattfënt.

An duerfir géif ech, Här President, an deem Zusammenhang nach un en anere Park & Ride wëllen erënneren. Dat ass näamlech dee vu Fréiseng. Deen ass jo schonn eng Kéier ausgebaut ginn ënnert dem Claude Wiseler, an ech mengen, et war d'Bauteministesche, d'Madamm Hennicot, déi en deemools op Proposition vun der Gemeng Fréiseng gebaut huet, mä dee Park & Ride ass och elo schonn erëm méi wéi iwwerfëllt. An dat ass eng relativ grouss Fläch, wou dee Park & Ride ass, déi dem Stat och nach gehéiert. Do géif ech wierlech mengen, datt ee sech sollt iwwerleeën, ob een net kéint iergendwéi eng Konstruktioun maachen, fir eben do en éischten oder en zweete Stack ze maachen.

Well mat deem Verkéier, deen iwwert déi Grenz erakënt... An ech mengen alleguer déi, ech gesinn de Buergermeeschter vun Hesper, hie steet zwar net esou am Stau, well hien an deem aneren Eck wunnt, mä alleguer déi, déi mussen duerch Hesper all Dag fueren, déi wëssen, datt se moies mussen eng Stonn weider aplangen, fir iwwerhaupt an d'Stad ze kommen. An dat ass am Fong de Verkéier, deen iwwer Fréiseng, de Schlammestee an Hesper an d'Stad firt. Do géif ech proposéieren, datt een awer och sollt vum Minister a vu Ponts et chaussées aus emol kucken, ob een dee Park & Ride net kéint nach weider ausbauen, andeem een een oder zwee Stäck do op déi Fläch géif dropbauen.

Well wann och eng Kéier d'Saarautobunn ganz opgeet - wa se eng Kéier ganz opgeet, wou mer jo nach ëmmer dru gleewen -, dann ass dat och e gudder Park & Ride fir déi Leit, déi aus dem Saarland kommen, well se da wierlech kënnen direkt do um Echangeur op der Grenz zu Fréiseng erausfueren, wou dee Park & Ride ass. A mir hu praktesch Busspuren vun deem Park & Ride bis an d'Stad. Dat heescht, ausser engem klengen Enkpass zu Hesper bei der Kierch, fonctionnéiert den öffentlichen Transport formidabel, dee vun der Musel eropkënt iwwer Mondorf, Fréiseng, Hesper an d'Stad. Deen ass och effikass. An déi Busse sinn och alleguer voll.

Do gesäit een also, wann den öffentlichen Transport eng gutt Streck huet, datt e besser ass wéi den Auto. Et ass net eng Question vum Präis, mä wann den öffentlichen Transport besser ass wéi den Auto, da fueren d'Leit mat em. A vu datt mer dee Park & Ride zu Fréiseng op der Grenz hunn, deen einfach un déi Busspur ugebonnen ass, wier am Fong all Viraussetzung geschaf, fir do nach méi Autoen kënnen ze parke wéi dat elo de Fall ass. A mir gesinn dat jo och, datt elo, well dee Parking zou ass, d'Leit souguer a Frankräich era parken, si parken an d'Duerf eran. An ech géif duerfir wierlech invitieren, datt een do sollt eng Etüd maachen, fir - eiser Meinung no liicht realisierbar - dee Parking op een oder zwee Stäck auszubauen.

Dann nach e lescht Wuert iwwert d'Bâtiment Schuman um Kierchbiere, wat soll ewechgerappt ginn. An dem Rapport steet, datt e Lieu de mémoire iwwert d'europäesch Institutionen eventuell an deem Gebai do matgeplangt soll ginn. Mir géife mengen, et misst esou eppes matdrakommen. An et misst een och iergendwéi novollzéibar illustréieren, datt am Fong an deem Gebai déi éischt Sitzung vum Europaparlament war.

Et ass also eng historesch Plaz an der europäescher Bewegung, well an deem Sall déi alleréischst Sitzung vum Europaparlament war. Duerfir géif ech mengen, datt, wann dat Gebai scho sollt ewechgerappt ginn, een an iergendenger Form an der Konstruktioun awer och misst erkennen, vu datt ee wëllt eng Memoire iwwert d'europäesch Institutionen awer aplangen, datt dat en historescht Gebai ass an der Hisiicht, well do déi éischt Sitzung vum Europaparlament dra stattfonnt huet.

Dat gesot, Här President, ginn ech d'Zoustëmmung vun eisem Grupp fir all déi Projeten.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat wäre mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An ech ginn direkt d'Wuert dem...

(**Interruption**)

Ah nee, entschëllegt! Jo, den normalen Tour wär eriwuer gewiescht, mä elo kënnt de laangen Tour nach hannendrun. Den Här Roger Negri.

(**Interruption**)

Jo ben, eis Pappen hunn nach dee laangen Tour geschafft.

(**Interruption**)

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der exzellenter Interventioun vu mengem Fraktiounskolleg Georges Engel iwwert d'Projete vun den administrative Gebailechkeeten an de Schoule wëll ech mech dann als LSAP mat der Mobilitéit beschäftegen, wou mer alleguerte wëssen, dass d'Mobilitéit eng vun deene gréissten Erausforderungen hei am Land ass, a bei där mer hei zu Lëtzebuerg scho laang op Äntwerte waarde mussen.

E ganz wesentlechen Deel vun der Äntwert muss eng beschtméiglech Transportinfrastruktur sinn. Dofir si regelméisseg Debate wéi deen heiten hei an der Chamber ganz wichtig, well se eis d'Geleeënheet ginn, iwwert d'Gesamtkonzept vun eiser Mobilitéit ze schwätzen.

De Problem ass esou grouss, well d'Besoinen vun der Mobilitéit sech rasant entwéckelt hunn an deene leschte Joren a mer trotz allen Efforten a massiven Investitiounen net esou schnell virukommen, wéi de Verkéier zouhëlt. Et brauch een nëmme d'Bevölkerungszuelen an d'Frontalierszuele vum Statec ze kucken, fir ze gesinn, dass dese Wuesstum eng Dynamik entwéckelt huet, déi schwéier ze geréieren ass. Esou ass d'Bevölkerungszuel tèschent 1981 an 1991, also an zéng Joer, grad emol ëm 20.000 Awunner an d'Luucht gaangen. An deem nächste Jorzéngt gong se schonn ëm 64.000 Leit an d'Luucht. Zanter 2010 kommen dergéint all Joer tèschent 12.000 an 13.000 Leit derbäi.

D'Evolution vun de Frontalieren ass nach méi bedeitend. Hate mer ëm d'Joer 2000 ronn 80.000 Frontalieren hei schaffen, esou sinn et der haut iwwer 180.000. An et wäert net bis 2020 daueren, bis hei zu Lëtzebuerg iwwer 200.000 Grenzpendler all Dag moies eran- an owes erëm erausfueren.

Dass mer do e ganz anert Mobilitéitskonzept brauchen, wa mer net all Dag Stonnen am Stau verléiere wëllen, dat läit op der Hand. An deem Sënn begreisst och d'LSAP d'Projeten, déi mer am Kader vun deem Debat proposéiert kréien, well se sech net eleng drop beschränken, d'Capacités auszubauen, mä och esou ugeluecht sinn, dass Ureizer geschaf ginn, fir vum Individualverkéier ewechzekommen, wäitgeend op jidde Fall, an ëmzeklappen op kollektiv Transportmëttel, a well gläichzäitig d'Mobilitéit douce gefërdert gëtt. Dat géllt souwuel fir Projeten aus dem Fonds des routes wéi och vum Fonds du rail.

Eng Ausnam dozou gëtt et awer am Fonds des routes, an zwar deen neien Echangeur, deen d'Zone nationale d'activités logistiques centre, dat heescht déi vu Sandweiler, Hesper a Conter um Schaedhaff mat der A1, der Autobunn Richtung Tréier, verbënnt. Dese Projet wäert et erlaben, de Camiontrafic besser ze trenne vum Autosverkéier an domat hoffentlech de Stau am Irgärchen ze reduzéieren, wou jo ausserdem den Trafic mat engem Luuchtesystem soll geréiert ginn a méi fléissend gemaach ginn.

Manner Trafic gëtt et zanter der Mise en service vun der Nordstrooss tèschent Miersch an dem Kierchbiere op der N7. Domat ass et méiglech, des fréier Hauptverkéiersoder zu enger Niewestrooss zrëckzebauen, wat am Sënn vun den Awunner laanscht des Strooss ass an nei Méiglechkeeten och fir Vélosweeër an esou weider opmécht.

E bessere Mix aus Individualverkéier, öffentlichen Transport a Mobilitéit douce ass vu vireran och an deem neie Quartier Hollerech virgesinn. Dese Stroosseprojet ass am Zusammenhang ze gesi mat dem Reamenagement vum Pont Buchler op der Diddenuewener Strooss, mat der Neigestaltung vun der N3, der Route de Thionville, der Verlängerung vum Tram Richtung Cloche d'Or a mat engem aneren neie Projet, deen hei op der Lëscht steet, an zwar dem Bau laanscht d'A4, d'Escher Autobunn, vun enger separater Spur fir de Bus à haut niveau de service an engem Véloswee, fir domat esou direkt wéi méiglech eng Verbindung tèschent Esch an der Stad hierzustellen. E Projet, dee mer absolutt begreissen!

Esou entsteet en zesammenhängend Verkéiersnetz an der südlecher Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg, wou de Vëlo, de Bus, den Tram an den Zuch matenee verbonne ginn an et erlaben, méi eng attraktiv Offer an eng Alternativ zum Auto unzibidden.

Wa mer mëttelfristeg net wëllen dobäi stoe bleiwen, dass sech all den Trafic stärefërmeg op

d'Stad Lëtzebuerg konzentréiert, ass et wichtig, dass mer parallel dozou d'Offer am öffentlichen Transport och innerhalb vun de Regiounen verbessern.

An deem Kontext begreisst d'LSAP ganz besonnesch de Projet vun engem Bus à haut niveau de service, deen déi wichtegst Entwicklungszentren am Süde vum Land matenee verbënnt, vun Diddeleng iwwer Käl, Schëffleng op Esch a vun do aus weider op Déifferdeng a méiglecherweis bis op Rodange. Domat gëtt der Tatsaach Rechnung gedroen, dass des zentral Uertschaften a Stied sech staark kënnen entwéckelen, esou wéi et am Kader vun der Landesplanung och gewünscht ass, an dass dowéinst och d'Capacités am öffentlichen Transport eropgesat musse ginn.

Ee Projet aus dem Fonds des routes, vun deem ech elo nach net geschwat hunn, ass de Park & Ride Mesenich un der Grenz op der A1 bei Waasserbëlleg. Mir hunn déi Kéier nach méi Opfangparkingen op eiser Lëscht stoen. Déi zwee aner sinn am Fonds du rail virgesinn. Esou soll e Park & Ride op Elwen bei d'Gare kommen, wou 350 Parkplaze bäikommen. En anere kënnt bei den Arrêt Bascharage-Suessem, wou 400 nei Parkplazen derbäikommen.

(**Interruption**)

Gutt. Et sinn der elo 100, déi do bestinn, wéi eis d'Rapportrice Josée Lorsché gesot huet, där ech...

(**Interruption**)

Gellift?

(**Interruption**)

...och elo extra Merci soe fir de Rapport, deen exzellent war.

Jo. Et ass eng Fuerderung, déi zanter Joren ëmmer erëm gestallt gëtt, dass méi Parkraum bei den Zuchgaré muss geschaf ginn a virun allem, dass Park & Ridé sollen direkt op der Grenz ugebuede ginn, fir dass d'Frontaliere méiglechst fréi op den Zuch ëmklamme kënnen.

Dës Projete kommen der Demande zum Deel no. Nach besser wier et allerdéngs, wann esou Parkinge scho kéinten op där anerer Säit vun der Grenz, virun allem op franséischer Säit, wou déi meescht Frontalieren och hierkommen, amenagéiert ginn. Et gëtt ëmmer erëm vun esou Initiative geschwat, et schéngt och op béide Säite vun der Grenz Interessi ze bestoen, mä leider komme mer de Léisungen net méi no. An och do geschitt nëischt Konkretes. Zweek Fallbeispiller: de Raum Longwy an och de Raum Hettange-Grande virun Thionville, do, mengen ech, misste mer onbedéngt no Léisungen sichen. Vläch kann den Här Minister eis herno dozou eppes soen.

(**Interruption**)

Dat weess ech net. Do gesäit et op der belscher Grenz mam geplante P&R am fréiere Centre de triage des trains zu Stackem, méi genau zu Vville, scho besser aus, wou 2019 deen éischten Deel mat 2.000 Parkplazen a Betrib goe soll.

De Minister...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir musst Är Fro nach eng Kéier widderhuelen.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Jo, ech fäerte ganz.

(**Hilarité et brouhaha**)

Nee, d'Fro, ganz kuerz, wéi gesot...

► **Une voix.** - Widderhuel et nach eng Kéier.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Nee, et ass kee Problem. Nee, et ass wierlech, ech mengen, et ass eng wichtig Saach, d'Park & Riden,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...mir passen drop op.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Kee Problem. D'Park & Riden op der franséischer Säit Richtung Longwy a Richtung Hettange-Grande, fir déi op där anerer Säit do ze maachen, an da wéi gesot och op der belscher Säit, ech mengen, Här Minister, do sidd Der jo mat deem Projet zu Stackem/Vville scho ganz wäit. Dir hat eis d'leschte Kéier dovunner geschwat, dass an enger éischter Phas 2.000 Parkplazen 2019 solle kommen. A wéi den Här Ali Kaes och scho gesot huet, do hat Der jo eng Entrevue mat der belscher Spëtzt, an ech mengen, do wär et wierlech interessant, fir der Chamber eng Kéier ze soen, wéi wäit mer och mat deene Projete sinn, well et einfach wichtig ass.

Ech mengen, den Här Gibéryen huet dat och schonn ugeschwat, dass et och ganz wichtig ass, dass mer d'Frontaliere schonn déi aner Säit vun der Grenz kéinten opfänken. Dofir, mengen ech, sinn dat awer wichtig Froen, déi mer hei solle beschwätzen.

En attendant dovunner begrësse mer als LSAP, dass nei Park & Riden op der Lëtzeburger Säit geplangt sinn, well déi natierlech och do



dréngend gebraucht ginn. D'Situatioun ass alerdéngs am Moment schonn esou problematesch, dass mer als LSAP frou wären, wann d'Ëmsetzung vun dese Projeten och elo kéint beschleunegt ginn. Ech denken do besonnesch un de Park & Ride dann nach eng Kéier zu Bascharage-Suessem, wou d'Pendler haut scho kräiz a queesch parke mussen, well op deem aktuelle Parking ronderëm d'Gare net genuch Plaz ze kréien ass. D'Park & Riden, déi direkt ronderëm d'Stad Lëtzebuerg leien, wou d'Pendler gratis parke kënnen, sinn entremps och scho saturéiert.

Et ass ganz richtig, fir op den Haaptachsen an ënnerschiddlecher Distanz Plattformen ze schafen, wou een op den ëffentlechen Transport kann ëmklammen. Mä dat kann awer nëmme fonctionnéieren, wann et méiglech ass, den Auto, ouni vill Zäit ze verléieren, och dann do stoen ze loossen.

Ech géif dofir am Numm vun der LSAP derfir plädéieren ze iwwerpräiwen, ob et net méiglech wär, do, wou am dréngendste Bedarf ass, méi schnell Opfarparkingen ze realiséiere respektiv déi aktuell Parkingen ze vergréisseren, wéi ënner anerem reng zoufälleg zu Mamer an zu Kapellen, fir nëmmen déi ze nennen.

An deem Kontext wéilt ech och nofroen, wou mer mam Bau vum Park & Ride zu Rodange dru sinn. Dee Projet huet scho laang gréng Luucht. Do gesäit een awer nach net, dass eppes geschitt. Do kéint den Här Minister eis och vläicht soen, ob et do Problemer ginn.

Wat déi aner Projeten aus dem Fonds du rail ugeet, esou wéll ech net op all Projet agoen, well dozou eis Rapportrice schonn alles gesot huet. Et ass eng Evidenz, dass en uerdentlechen Entretien vun den CFL-Garen an -Infrastrukture muss gemaach ginn an dass d'Arrêten esou mussen amenagéiert ginn, dass se fir all Mënsch accessibel sinn. Dass d'Stellwierker, wéi elo op der Ëlwener Streck, déi essenziell si fir e sécheren Zuchbetrib, muss moderniséiert ginn, ass evident a fënnst selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der LSAP.

Här President, zum Schluss wéilt ech nach eng Remarque maachen zur Prozedur an dat a Bezuch op eis aktuell Aarbechte vum neien Naturschutzgesetz an der Ëmweltkommissioun. Ech denken do virun allem un de Landverbrauch vun neie Projeten. Mat deem neien Naturschutzgesetz, dat mer amgaange sinn auszeschaffen, kréie mer mat den Òkopunkten e ganz effikass Instrument, fir d'Ëmweltzerstörung, déi e Projet mat sech bréngt, ze bewäerten.

Well dës Punkte monetiséiert ginn an en Deel vun de Käschte vum Projet ausmaachen, wier et interessant, esou fir wéi méiglech bei all Projet och d'Informatioun derbäizekréien, wivill Kompensationsmoossnamen, ausgedréckt an Òkopunkten, doduerch néideg ginn. Natierlech nëmmen och zu deem Moment estimativ, fir en Unhaltspunkt ze kréien, wou mer do stinn.

Op dës Manéier behale mer och bei den ëffentleche Projekte besser am A, wéi wäit mer domat d'natierelech Ressourcë géife belaauchten. Dat wär jo och eng weider Motivatioun, fir bei all Projet genau ze iwwerleeën, wéi een deen Impakt op d'Ëmwelt méiglechst niddreg hale kann.

Domat drécken ech nach eemol eis Ënnerstëtzung zur respektiver Motioun aus an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Negri. An elo ass et dann definitiv um Nohaltegekeetsminister, dem Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Merci der Madamm Lorsché fir hiren exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport an allen Deputéierte fir hir Bäiträg, a virun allem och fir déi breet Zoustëmmung. Wann ech dat richtig matkritt hunn, kréie mer 60 Stëmme fir déi Projeten alleguer a fir déi Motioun, dass mer kënnen op de Wee goen. Doriwwer sinn ech natierlech frou, well bei Infrastrukturprojeten ass et natierlech ëmmer wichtig, dass een et fäerdegbréngt, e méiglechst breede Konsens ze fannen.

Ech wollt fir d'Éischt zwee Sätz soen iwwert dem Här Kaes seng Remarque mat der sougenannter Verspéidung vun der Prozedur. Ech wéll awer drop hiweisen, dass an där Prozedur, déi ofgemaach ass tëschent der Chamber an der Regierung - dat ass jo keng gesetzlech Prozedur, mir schwätzen hei vu Projeten, déi iwwer 10 Milliounen sinn, awer ënner 40 Milliounen leien, dass heescht, wou mer kee Gesetz brauchen - d'Chamber soll consultéiert ginn, wat ech och eng gutt Saach fannen. An dat soll am Prinzip ëmmer gemaach ginn, ier de Bud-

get gestëmmt gëtt vum Joer duerno, dat heescht vum 2018. De Budget vum Joer 2018 gëtt d'nächst Woch gestëmmt, also si mer nach ëmmer am Timing.

Firwat huet dat esou laang gedauert? Bon, éischters wéll ech awer soen, dass ech d'Motioun am Juli an der Chamber deposéiert hunn. Duerno koum den August. An am August ass bekanntlech keng Chamberssëtzung. An déi éischt Sëtzung hate mer den 28. September. A wat nach derbäikënn, dat ass, dass mer nach dräi, véiermol erëm am Regierungsrot d'Motioun nach kompletéiert hu mat zousätzleche Projeten, déi extrem wichtig sinn, sou zum Beispill dem Rond-point Irgäertchen, haapt-sächlech dem Rond-point Irgäertchen.

Mä et ass awer och esou, dass mer mat 27 Projeten awer hei eng Lëscht hunn, déi, géif ech awer gäre soen, wann ech se géif vergläiche mat de Jore virdrun, zimlech rekordverdächtig ass. Doriwwer si mer jo natierlech frou. A jiddweree fënnst déi Projeten och elo gutt. Duerfir mengen ech och, dass et awer gutt gelaf ass, dass déi Projeten in extenso an der Kommissioun virgestallt gi sinn, well ëmmerhin hate mer dräi Sëtzungen nëmme fir d'Presentatioun ze maachen, wou déi eenzel Verwaltungen do waren, fir dat alles virstellen.

Zu de Froen, déi gestallt gi sinn. Dat Éischt emol, et ass gesot gi vum Här Kaes zu der Nordstreck, e géif bedauern, dass net tëschent Ettelbréck an Ëlwen och hei dra virgesi wär, fir ze studéieren, fir déi iwwerall zweegleiseg ze maachen. An en huet e bësse gesot, dat wär de Stoussnéckel am Kader vun den Investissementer.

Ech muss em soen: Dat ass net richtig! Éischters, op där ganzer Nordstreck sinn Investissementer amgaangen nach ëmmer. Zweetens investéiere mer bal 200 Milliounen Euro an de Pôle d'échange Ettelbréck, wat e ganz wichtigen ass fir den Norden. Drëtzens sinn eng ganz Rei aner Verbesserungen un der Nordstreck amgaangen. Ënner anerem ass och e Park & Ride an der Planung fir Ëlwen, dat heescht, och bei der belscher Grenz, also am Norden un der belscher Grenz.

An dann dee leschte Punkt ass: Déi Verspéidungen, déi mer de Moment um Réseau bei der CFL generell hunn an och op der Nordstreck, déi hunn näischt domat ze dinn, dass mer net genuch Capacitéit am Moment hätten tëschent Ettelbréck an Ëlwen, mä déi hunn domadder ze dinn, dass de Fahrplang generell um Réseau huet missen iwwerschaaft ginn. Et kënn jo en neie Fahrplang, deen den 10. Dezember a Kraaft trëtt, dee komplett nei ass, vun deem mer eis erwaarden, dass doduerjer d'Situatioun um gesamte Réseau sech vill verbessert. An natierlech, och duerch d'Chantieren, déi mer hatten, ënner anerem de Chantier am Pafendall, wou et eng Zäit eegleiseg gaangen ass, mä awer och nach Renouvellementer, déi gemaach ginn um Gleisbau op der Streck, ass dat natierlech op der Eisebunn net aneschtens wéi am Stroosseberäich: Wann ee Chantieren huet, da kritt een natierlech Verspéidungen. Mä, wéi gesot, et ass net weinst der Capacitéit, der aktueller Capacitéit tëschent Ettelbréck an Ëlwen, dass mer do elo e Problem hätten.

Et ass och ze soen, ech wéll net soen, dass mer iwwerall Zweegleisegkeet wëlle maachen, mä dass dee Projet, fir mindestens zum Deel op zwee Gleiser auszubauen, net vum Dësch ass. Ech mengen, dass ass ganz kloer nach ëmmer an den Étude virgesinn, awer eréischt zu engem Zäitpunkt méi spéit.

Ech mengen, ganz sécher wäerte mer net stoe bleiwe bei deem, wat mer haut op der Nordstreck hunn. Ech ginn och dovun aus, dass duerch den Arrêt vum Pafendall d'Attraktivitéit vun der Nordstreck nach eng Kéier e gutt Stéck wäert an d'Luucht goen. An och d'Besoine wäerten an d'Luucht goen. Also ech mengen, dass ass net vergiess. An dat soll och gemaach ginn.

Dann zu der N7, wat den Här Kaes natierlech am meeschten interesséiert, d'N7 Richtung Wämerhaart. Ech wéll em soen, dass mer méi maachen, wéi einfach 50 cm Sträif bäizesetze lénks a riets, fir d'N7 an der Dräispuregkeet op eng Norm ze kréien, wéi se et international verdéngt. Mä och déi zwee Contournementen, déi ugeschwat gi sinn, Housen an Hengescht, do gëtt weider dru geschafft an déi sollen och gebaut ginn.

Da wéll ech awer och un den Ausbau vun der sougenannter B7 erënnern, dass heescht déi zwee mol zwee Spure bis op de Fridhaff, dat gëtt och gemaach. Dat ass e komplizéierte Projet. Deen huet och fir mech elo Prioritéit am Moment, well ech mengen, dass et fir de Fridhaff mat der Aktivitéitszon, déi sech do wäert nach weider ausdeenen a weider wäert ausgedéint ginn, extrem wichtig ass, dass mer bis dohinner effektiv déi zwee mol zwee Spure kréien. An och dee Bypass, do ginn d'Aarbechten elo gläich un. Dee soll gemaach ginn. Dat

heescht, et sinn niewent deene sougenannte 50 cm lénks a riets e ganze Koup Mesuren awer virgesinn och natierlech op der N7 bis op d'Wämerhaart, fir auszubauen.

Ech wéll och soen iwwert déi Iddi oder dat, wat dann esou als Rumeur do soll zirkuléieren, dass d'Belsch géifen eng Autobunn elo baue vu Léck erof iwwer Sankt Vith Richtung Lëtzebuurger Grenz: Ech kann lech nëmme soe vun all Kéiers, wann ech Entrevuen hu mat mengem belsche Kollege, dass an der Belsch, éischters - ech muss dat leider esou soen - d'Millen zimlech lues muelen. Dat ass sougutt am Eisebunnsverkéier wéi am Stroossebau a -verkéier. Et gëtt kee Projet de Moment konkret, fir déi Autobunn do ze bauen. Et gëtt vläicht e Wunsch vu verschiddene Leit an der Regioun do, dat ze kréien. Mä tëschent dem Wunsch an deem, wat Wirklechkeet gëtt, do ass e laange Wee dotëschtent.

Ech si mer zimlech sécher, dass esou bal keng Autobunn wäert goe bis op d'Lëtzebuurger Grenz vu Sankt Vith erof. Duerfir, déi Suerg brauche mer eis de Moment, mengen ech, net ze maachen. D'Belsch hu genuch ze di mat aneren Ausbauen, vun deenen ech weess, dass se amgaange sinn, se ze plangen a maachen ze wëllen op hirem Schinnen- a Stroossereseau. An deen doten ass sécherlech net derbäi.

Da wollt ech eppes soen zu där Fro mat dem Bâtiment Saint Louis, well d'Kommissioun jo och hire Wunsch zum Ausdrock bruecht huet, dass een de Site do nach eng Kéier soll iwwerdenke fir den État-major. Ech wéll soen: Ech sinn net Demandeur, fir dat dohinner ze maachen. Dat gëtt am Ministère de la Sécurité intérieure diskutéiert. Ech bauen dat do, wou dat, ob et elo d'Sécurité intérieure ass oder den Enseignement, gewünscht ass. A selbstverständlech huelen ech dee Wunsch, deen d'Kommissioun hei ausgedréckt huet, gär mat an ech schwätzen nach mat deem zoustännege Minister, fir ze kucken, doriwwer eng Kéier nozedenken.

Ech wéll awer soen, dass awer sougutt den zoustännege Minister wéi natierlech och mir eis selbstverständlech ëmmer Gedanke maachen, well mer jo wëssen, dass et hei ëm e sensibelt Gebai geet, wat d'Sécherheet ubelaangt, an dass mer mat Sécherheet néierens eppes setze ginn, wou mer net eng Garantie hätten, dass d'Sécherheet ginn ass. Mä bon, mir huelen dat gär mat. An ech schwätze mam Minister doriwwer an da kucke mer, wat mer do vläicht kënne maachen.

Dann de sougenannte Bus à haut niveau de service. Ech muss soen: Am Contraire zu anere Leit bauen ech weder e BHNS nach en Tram nach en Zuch nach eng Strooss aus ideologesche Grënn. Dat heescht, wann eppes soll geplangt oder gebaut ginn, dann ass dat, well ech gär kucken: Wat ass de Problem, deen ech hunn? Wat sinn d'Capacitéiten, déi ech brauch? An deementspriedend huelen ech dann eng Decisioun.

An, Här Gibéryen, ech weess, dass ech lech net iwwerzeegt kréien, well Dir aus ideologesche Grënn mordicus géint egal wéi en Tram sidd. Mä ech wéll lech awer soen: Déi Zuelen...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...do, wou e géif Sënn maachen.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Jo. Ech wéll lech just soen: Déi Zuelen, déi mech iwwerzeegt hunn, firwat et wichtig ass, dass een en Tram baut, do, wou mer en elo bauen, a firwat mer dann zum Beispill am Süde keen Tram bauen, wou een och hält kënnen ee bauen, an do amplatz e BHNS bauen, dat ass, well mer eng Capacitéit bei engem BHNS hunn tëschent 30.000 a 35.000 Passagéier. Mir hunn eng genau Analys gemaach op deem Tronçon do a mir hu festgestallt, dass mer de Moment do wäit ewech sinn, fir déi ze erschöpfen, déi Capacitéit, an dass do de Moment e BHNS duergest.

Dat bedeit awer och, wa mer e BHNS bauen..., deen iwwregens, wéll ech lech soen, vun der Spur hier - well dat gëtt jo e Bus à haut niveau de service, deen op enger eegener Spur fiert - méi Plaz brauch wéi wann een en Tram baut, well e Bus natierlech per se a senge Wendungen an esou weider aneschtens muss Gabarit hu wéi eng Tramspur. Dat heescht, den Tram hält an der Regel manner Plaz ewech wéi de Bus. Mä egal. Do gi jo da Busspuren gebaut. An dat gëtt esou gebaut, dass, wann dann de Süde sech eng Kéier esou sollt entwéckelen, dass iergendwann eng Kéier déi Capacitéit vu 35.000 Reesender pro Richtung pro Dag, déi e BHNS engem bitt, net méi duergest, dass mer da kënnen de Sprong maachen an einfach eben nodréiglech Gleiser leeën an eriwerswitchen op en Tramsystem.

Dat ass iwwregens dat, wat se zu Metz, wou de Mettis fiert, och decidéiert hunn. De Buergermeeschter vu Metz huet laang iwwerluecht, ob

en dat eent oder dat anert soll maachen. A si hu festgestallt, en fonction vun de Capacitéiten, déi se zu Metz haut brauchen, dass de Mettis duergest. Mä et ass esou gebaut, dass, wann eng Kéier Metz sech géif anescht entwéckelen, se kënnen eriwerswitchen op en anere System.

Do, wou mer den Tram bauen, hu mer eng Capacitéit vun 110.000 Passagéier pro Richtung pro Dag, dat heescht bal dat Véierfacht - wat mer brauchen - vun deem, wat e BHNS eis ka liwweren. An duerfir baue mer natierlech do en Tram an net e BHNS.

An ech weess och - ech kann lech dat nach molen, ausrechnen, zeechnen, wéi Der dat wéllt -, ech weess, dass ech lech duerfir net iwwerzeegt kréien, well Dir, am Contraire zu mir, aus ideologesche Grënn...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Neen!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - ...géint de Projet sidd. An ech...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...wann e bis fiert!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Dat ass den nächste Sonndeg.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Maja, da gesi mer jo.

(Brouhaha)

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Kommt Der da weinstens dohinner kucken?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech huele mer extra en Dag fräi, fir eng Kéier domat ze fueren.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Dat freet mech.

(Hilarité)

Ech maachen lech och d'Propos, ech maachen lech och d'Propos...

(Interruptions)

Ech maachen lech och d'Propos als Minister: Ech fuere souguer mat lech eng Kéier op an of, fir lech alles ze erklären an ze weisen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Kommt, mir fueren zesummen!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Ma ganz gär! Ganz gär!

(Interruptions)

Maacht lech keng Suergen! D'Leit ginn och gezielt.

Da kommen ech op Waasserbëlleg, op de Park & Ride. Da gëtt gesot, de Park & Ride, dat wär zwar tipptopp, dass mer deen do bauen, mä do géifen elo 730 Plaze geschafe ginn an dat kéint och Verkéier unzéien. Éischters sinn et keng 730, mä et sinn der nëmme 400, déi mer do bauen. Dat steet och iwwregens an den Dokumenter dran. An zweetens muss ee soen: Dee Park & Ride zu Waasserbëlleg zitt net méi Verkéier un, mä Waasserbëlleg ass effektiv immens belaaucht an déi Autoe fueren do derduerch. A wa mir et da fäerdegbréngen, dass mindestens en Deel, dee jo souwisou do derduerchfiert, dann decidéiert: „Mir fueren do an de Parking an huelen da fir de Rescht den Zuch“, dann hu mer déi emol scho vun der Strooss erof. Dat ass eng gutt Saach.

Derniewent wéll ech awer och drun erënnern, dass mer e Projet hunn, fir d'Tréierer Weststreck erëm opzemaache mam Zuch. Wat ass dat, d'Tréierer Weststreck? Mä dat ass eng, déi läit näamlech op där anerer Säit vun där, wou haut gefuer gëtt. Déi läit do, wou déi meescht Leit wunnen, tëschent Tréier a Waasserbëlleg. Dat heescht, déi ass vill méi accessibel fir Frontalieren, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen. An och do si Park & Ridë virgesinn, soudatt mer eis natierlech vill erhoffen.

Déi däitsch Säit huet e bësse Verspéidung. Mir hu jo schonn Zuchmaterial kaaft. Dat sinn déi KISS-Automotricen, déi fueren elo op eiseem Réseau am Moment, mä do sinn der fënnf virgesinn, déi herno déi Weststreck solle bedéngen. Mä déi Däitsch hunn e bësse Problemer mat de Garen, déi nach e bësse mussen reamenagéiert ginn. Et ass de Moment eng Streck, wou just Gidderzich fueren. Mä do gëtt sech vill erwaart, dass mer vill Frontalieren opgefaange kréien op där Zuchstreck da Richtung Waasserbëlleg, dann och Richtung Lëtzebuerg, wann déi bis eng Kéier a Betrib ass.



An da wëll ech lech soen, Här Gibéryen: Zu Fréiseng komme mer lech entgéint. Den Ausbau vun dem Parking ass an der Etüd, sougutt op der Lëtzebuerger Säit, mä awer och op der franséischer Säit. Ech hunn och Kontakt gehat mat de franséische Gemenge ronderëm. An do gëtt et eng Rei Iddien, ob een net och op der franséischer Säit nach zousätzlech eppes ka maachen. Mä och op der Lëtzebuerger Säit si mer amgaangen, dat ze studéieren effektiv, fir ze kucken an d'Luucht ze bauen. An ech ginn lech recht: Dat ass e Projet, deen absolutt sënnvoll ass, fir ze maachen.

Ech wëll och soen, datt mer mat de Park & Ride op der franséischer Säit elo och vill besser virukommen. Ech hu Kontakt mat der Gemeng vu Lonkech, fir op der Gare Lonkech e Park & Ride ze bauen. Ech hu Kontakt mat der Gemeng vun Thionville. Do ass eng Iddi, fir datt hanner Thionville, um Echangeur, op der Autobunn do d'Gemeng eis eng Plaz wäert ginn, fir do e Park & Ride ze maache fir déi Buslinn, déi mer maachen. Dat ass och ee vu 500 Plazen.

Also, do sinn eng Rei Projeten, déi wirklech de Moment gutt weiderkommen, wou ech mer erwaarden, datt mer déi och séier kënnen amenagéieren, muss ee soen, well deen zum Beispill, dee bei Thionville ass, dat gëtt een en surface, dee läit direkt um Echangeur. Et brauch een emol keng Echangeuren ze bauen. An do investéieren ech gär - elo net e puer Centimen, mä et sinn awer och ëmmer vill Suen, déi mer investéieren -, mä déi Suen, déi mer do investéieren, déi brauche mer vill manner hei ze investéieren op eisem Réseau a mir hunn d'Leit scho virun der Grenz erof vum Autobunnsnetz.

De Park & Ride Rodange - den Här Negri hat dat, mengen ech, gefrot -, dat huet missen e Gesetzesprojet ginn, well de Projet war iwwer 40 Milliounen. Och do eng erfreesch Nouvelle: De Regierungsrot huet dee Projet ugeholl an ech wäert deen an deenen nächsten aacht, zéng Deeg, wann ech vum Grand-Duc alles zrëckhunn an d'Autorisatioun kritt hunn, fir en ze deposéieren, an der Chamber deposéieren, also an deenen nächsten zwou Wochen, géif ech emol soen.

Dann nach de Bâtiment Schuman. Och do ginn ech dem Här Gibéryen recht: Et ass e Lieu de mémoire.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

An net nëmmen e Lieu de mémoire, et soll och eppes sinn, wat leeft herno. A mir hu Kontakt, ech hat nach virun zwee Deeg eng Entrevue, also eng Sëtzung mat dem Vizepresident vum Europaparlament, dem Här Wieland. Do hu mer doriwwer diskutéiert, datt mer wëllen eppes dohinner maachen, wat e bëssen eng Aart zweet Maison de l'Europe gëtt, wou och Liewen drakënnt, dat heescht, wou mer wirklech Ausstellungen maachen, wou wirklech Aktivitéit komme ronderëm d'Parlament. An natierlech och mat Erënnerung, datt do dat éischt Europaparlament fir d'éischte Kéier getaagt huet. A mir gi souguer esou wäit, datt mer ons iwwerleeën, ob mer net Elementer vum Plenarsall, deen do besteet, kënnen erhalen a kucken ze integréieren entweder an dat neit Parlament oder vläicht sur place. Dat muss ee gesinn.

Mä ech mengen awer, wat wichteg ass ze verstoen, dat ass, datt mer mat deem Gebai, deem aktuelle Gebai wirklech näischt kënnen ufänken. Net nëmmen aus energieetesche Grënn, mä och vu bannen. Dat ass wirklech onméiglech gebaut. Also et ass vill méi sënnvoll, datt mer do eppes Neies hibauen, wou mer natierlech kucken, alleguer déi Elementer dran ze integréieren.

An dann nach ofschléissend zu de Kompensationsmesuren: Ech muss soen, et ass awer relativ schwierig, déi an engem ganze Virstadium ze definéieren. Also, ech mengen, mir si jo souwisou verpflichtet, wa mer den APD vun engem Projet hunn, datt mer se do drastoen hunn, an och verpflichtet, datt mer Kompensationsmesurë maachen, ier mer ufänke mat bauen. Mä bon, dat ass awer schwierig am Etüdestadium, well dat awer oft ännert en cours de route, sou wéi de Projet sech entwickelt. Ech mengen, mir kucken zwar haut ëmmer méi fréizäiteg och mam Environnement, och zemoos wann dat neit Naturschutzgesetz bis do ass - mam Flähepool gi jo aner Saache méiglech -, fir dat ze maachen. Mä am Detail ass et net ëmmer direkt méiglech.

Nach eng Kéier Merci, Här President, fir d'Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Mir sinn domat... Ah, den Här Wolter.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President,

ech wollt dem Här Minister just nach eng Fro stellen, déi den Här Negri och gestallt hat, nämlech iwwert de Park & Ride, deen op d'Gare zu Käerjeng soll kommen, deen och hei drasteet, deen elo mat enger Durée vun 2023 eigentlech am Pluriannuel steet.

Bei eis, an ech schwätzen elo emol eng Kéier och pro domo, ass d'Verkéierssituatioun katastrophal. An d'Leit maachen d'Regierung net responsabel, mä de Buergermeeschter responsabel.

► **Plusieurs voix**.- Ah!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo. Dat ass leider...

(Interruptions diverses)

Dat ass leider esou.

Et ass iwwregens och esou, dass dat bei deem Park & Ride keng auslännesch Autoe sinn, mä dat sinn haaptsächlech Lëtzebuerger Matbierger vu Suessem a vun Déifferdeng,...

► **Plusieurs voix**.- Ah!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...déi dohinner parke kommen,...

► **Plusieurs voix**.- Ah!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...fir den Zuch an d'Stad ze huelen, wat ech hinnen och, contrairement zu aneren, ganz gäre vergonen. Mä et bleift, dass d'Verkéierssituatioun, och duerch de Succès vun der Duebelgleisegkeet, amgaangen ass, sech eigentlech vu Mount zu Mount ze verschlechteren. An do wär ech frou iwwer eng kleng Ausso, well ech mengen, dass Der d'Problematik kennt.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Déi ass mer bekannt. An ech ginn lech och honnertprozenteg recht, datt mer an der Verkéierssituatioun... Dat ass e bëssen dobaussen esou, heiansdo héiert een dat jo vill, wéi wann et nëmmen d'Frontaliere wäeren, déi de Verkéier géife verursaachen. Ech wëll drop hiweisen, mir hunn zwar eng ganz staark Steigerung vu Frontalieren, déi op Lëtzebuerg kommen, mä mir sinn an engem Rhythmus de Moment - ech wäert déi Zuelen am Januar presentéieren -, wou mer och pro siwen, aacht Joer zousätzlech 100.000 Awunner hunn. An dat ass inlännesche Verkéier. An duerfir hutt Der recht, wann Der dat sot.

An dee Parking..., hei ass jo eréischt d'Autorisatioun, datt mer d'Etüde maachen. Mir läit och um Häerz, datt mer dat beschleunegen. Ech weess, datt d'CFL de Moment enorm vill Projeten och hunn. Mä vläicht mussen mer och aner Weeër sichen, fir ze kucken, wéi mer dann déi Parkingen nach méi séier kënnen bauen.

Et ass e richteg Kraaftakt, deen och bei de CFL de Moment muss gemaach ginn, fir all déi Projeten ze geréieren. Mä deen dote läit mer ganz vill um Häerz, well ech och weess, datt op där doter Streck wirklech vill Verkéier ass an natierlech och nach Potenzial ass, fir d'Leit op den Zuch ze kréien.

D'autant plus, bei der Péitenger Streck ass jo elo schonn an de Spëttestonnen een Zuch, deen duerchgebonne gëtt op de Pafendaller Arrêt. Dat wäert d'Attraktivitéit nach méi grouss maachen. An an Zukunft, wann de fënnefte Quai an der Stad fäerdeg ass an de sechsten, da ginn der nach méi duerchgebonnen. An dat soll jo awer bis 2020 de Fall sinn, 2021. Also de fënnefte Quai geet, wann alles normal geet, am Dezember 2019 a Betrib.

Do wäert iwwregens och de Gesetzesprojet elo gläich duerch de Regierungsrot goe fir den Ausbau vun der Gare Lëtzebuerg. Ech ginn der-vun aus, datt mer deen nach Enn des Joers oder am Januar spéitstens wäerten an der Chamber deposéieren. An an deem Sënn mécht et natierlech och Sënn, dann déi Park & Ridé schnell ze bauen.

Also ech mengen, gitt eis eng Chance! Mir sinn hei am Etüdestadium. A mir maachen alles, fir dat esou schnell wéi méiglech ze maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun der Orientierungsdebat.

Motion 1

Ech géif lech da froen, wéi mer mat der Motion verfuere, déi vun der Madamm Lorsché deponéiert ginn ass a vun alle Fraktiounen a Sensibilitäte gedroen ass, ob mer do mat Handophiewen ofstëmmen.

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Majo, da géif ech lech bieten, wien derfir ass, dat ze weisen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Gëtt et Enthalungen?

Merci. Domat ass d'Motioun unanime ugeholl.

Mir ginn zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwer. Dat ass de Projet de loi 7202, eng Ännerung beim Enseignement musical. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här André Bauler.

9. 7202 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;

b) modification de l'article 5 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat

Rapport de la Commission de la Culture

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Musek a Gesank prägen dat kulturellt Liewen hei am Land a queesch duerch Europa. Dat weise schonn eleng déi sëllege Concerten, Festivallen an aner musikalesch Evenementer, déi all Joer vu ville Leit besicht ginn.

Musek an déi musikalesch Ausbildung, besonnesch am jonken Alter, hunn awer net nëmmen e grouse kulturelle Wäert, si spillen och am gesellschaftleche Liewe grad wéi an der kognitiver Entwécklung vun engem Mënsch eng net ze ënnerschätzend Roll. All déi sëllege Museks- a Gesangveräiner an de Stied an Dierfer sinn eng dreiwend Kraaft am Veräinsliewen an droen zur sozialer Kohäsion bäi. Et gëtt doriwwer eraus etlech Studien, déi kloer beleeden, wat fir en Impakt d'Musek op déi perséinlech an intellektuell Entwécklung vun engem Mënsch huet, grad op déi vun deene Jonken.

Här President, et gëtt eng Hällewull vu Genren an der Museks- a Gesangsbranche, vu Barock iwwer Klassik bis Rock a Pop. Ech brauch déi elo net all hei opzezielen. A genausou gëtt et och vill verschidde Konstellatiounen a Formatiounen, wann et ëm d'Produktioun vu Musek geet. Mä ganz egal, ob een an enger Duerfmusek aktiv ass, an engem groussen Orchester matspillt, an engem Chouer séngt oder an enger Band prouft, d'Beherrschung vum Instrument, an hei zielen ech och d'Stëmm natierlech derbäi, steet ëmmer un éischter Stell. Dat ass souzesoen d'Conditio sine qua non, fir an der musikalescher Zeen ze reusséieren.

Et sief dann, et wier een e gebuerene Museks-genie a mat engem groussen Talent op d'Welt komm, dat et erlabe géif, sech selwer op eng autodidaktesch Aart a Weis en Instrument bäizebréngen, mä dat sinn Ausnamen, huet am Regelfall bal jiddwereen, dee Musek mécht oder séngt, eng Basisausbildung an enger Museksschoul oder an engem Conservatoire absolvéiert, déi engem bis an den héijen Alter zouguttkënnt. Dës Grondformatioun ass méi wéi eng sënnvoll Fräizäitbeschäftegung, si ass en Element vun der Allgemengbildung. Si mécht engem Dieren op, fir munnech grouss musikalesch Wierker an hirer Komplexitéit ze begreifen an d'Museksgeschicht besser ze erfassen.

Här President, mir hunn hei am Land eng ganz Rei vu Museksschoulen, woubäi een do natierlech och nach ënnerscheede muss tëschent Conservatoires, Museksschoulen an einfache Musekskursen. Et ass net méiglech, dass dës Schoulen duerch déi finanziell Bäitrag vun den Elteren oder vun de Schüler kënnen iwwerliewen. An dofir ass et richtig an noutwendeg, dass déi öffentlech Hand, virun allem de Stat, e gudden Deel vun de Käschten iwwerhëlt.

Fir genee ze sinn, bezilt de Stat en Drëttel vun de Käschten direkt an een Drëttel iwwert de Fonds de dotation globale vun de Gemengen. Dës Kontributiounen aus dem Statsbudget sinn awer per Gesetz plafonéiert, gedeckelt. Sou huet de Stat zum Beispill insgesamt fir d'Joer 2015-2016 26.742.000 Euro a fir 2016-2017 27.108.000 Euro ausginn. Déi verbleiwend Käschte gi vun de bedeelegte Gemenge gedroen, déi d'Kursen organiséieren.

Déi Montante ginn zwar all Joer un d'Entwécklung vun der Masse salariale ugepasst, alerdéngs kann dat net de finanziellen Impakt opfänken, deen entsteet, wann et Verännerungen an der Organisatioun oder am Statut vun deenen eenzelnen Etablissementer gëtt.

Wann, wéi elo rezent am Fall vun de Musekschoule Westen, Syrdall an Uelzechtall, sech Musekskursen zu enger Museksschoul zesummendinn, da gëtt och d'Bedelegung vum Stat un dës Schoulen erhéicht, esou wéi den Artikel 4 vum groussherzogleche Reglement vum 14. Abrëll 1999 dat virgesäit. Well awer nëmmen e gewëssene Montant vu Sue per Gesetz fixéiert an disponibel ass, misst et dann zu

enger Ëmverdeelung kommen, an dat op d'Käschte vun anere Schoulen, déi dee Moment manner staark ënnerstëtzt géife ginn. Et kéim also deemno zu enger proportioneller Baisse vun de Subsidie fir déi aner Etablissementer.

De Projet de loi 7202 gesäit dowéinst vir, dat modifizéiert Gesetz vum 28. Abrëll 1998 ofzënnereen an de Plaffong vun der staatlecher Bedeelegung ze hiewen. Fir 2017 louch de Montant, deen am Statsbudget ageschriwwen war, bei 13.554.000 Euro. Elo géif de Montant vun der staatlecher Bedeelegung, also de Plaffong, op 14.534.000 Euro fir d'Joer 2018 oder ab dem Joer 2018 klammen.

Dës ass fir ze vermeiden, dass duerch de genannten Zesummeschluss vun deenen 20 Musekskursen zu dräi Museksschoulen all déi aner Schoulen an d'Conservatoire finanziell gestrooft oder benodelegt géife ginn. Dës gesetzlech Upassung ass dann och als eng direkt Moosnam ze verstoen, fir séier op dës Verännerung kënnen ze reagéieren. Ma op laang Siicht ass geplangt, fir d'Gesetz eemol komplett op de Leescht ze huelen.

Et sief nach bemierkt, dass mat deem Gesetzesprojet de Begrëff „employé privé“ am ale Gesetz duerch d'Notioun vum „salaré à tâche principalement intellectuelle“ ersat gëtt, esou wéi dat ofgeännert Gemengesetz vum 13. Dezember 1988 et virgesäit.

De Statsrot hat säin Avis de 26. September dëses Joers ofginn an hat keng spezifesch inhaltlech Remarque formuléiert.

Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen, domat, sou denken ech, hunn ech elo alles gesot. Ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Bericht. Ech bedanke mech beim Commissaire à l'enseignement musical, dem Här Pol Schmoetten, fir seng Erklärungen an der Kommissioun a ginn dann och am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei d'Zoustëmmung fir dës Gesetz.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet d'Madamm Octavie Modert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- „Dat Beschit an der Musek steet net an den Nouten“, esou sot de Gustav Mahler. A mir wëssen all, wat hien aus den Noute maache konnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir mech ass d'Musek eng ganz mënschlech Form vu Konscht. Si beréiert direkt, ouni Filter, si verbënnt Mënschen iwwer all kënschtlech geschafte Grenzen ewech. Si ass eng universell Sprooch, jiddweree versteet se, ouni Grenzen, ouni Barrieren. Dohier transzendéiert se och Kulturen a Generatiounen souwisou.

Musek ass en integral humanisteschen Akt. An dat ënnerscheet och e Museker vun engem Roboter. Mä net nëmme Museker, och Psychologe rodén zur Musek. Si mécht glécklech, si schafft Ausgleich, si fërdert d'Kommunikatioun mat de Matmënschen, si ass Narung fir d'Séil, de Geescht an de Kierper.

Mä niewent all där Passioun fir Musek fousst d'Gesetz vun 1998 iwwert d'Finanzéierung vum Museksunterrecht, wou mer haut eng Ännerung dovunner diskutéieren, op zum Deel technesche Regeln, heiansdo kniwwelegen a komplexe Modalitéiten.

Loosst mech e puer Feststellungen zum Gesetz iwwert d'Finanzéierung vum Museksunterrecht maachen!

Fir d'Éischt mussen mer festhalen, datt eng ganz grouss Dynamik duerch d'Gesetz vun 1998 geschafte ginn ass. Et huet immens Vitalitéit an de Museksunterrecht bruecht, gekoppelt mat engem substantzielle Qualitéitssprong.

Ech wëll den héijen Niveau ënnersträichen vum Museksunterrecht hei zu Lëtzebuerg. D'Qualitéit ass top. An an deem wichtege Punkt huet d'Gesetz iwwert de Museksunterrecht d'Zilsetzung sécherlech erreecht, dank dem Finanzement a besonnesch dank dem Asaz vun de ville motivéierten a qualifizéierten Enseignanten an Intervenanten an de Conservatoires, de Museksschoulen, de Musekskursen bei der UGDA.

An dach kann een e puer Froen opwerfen, eben a puncto Finanzéierung, wou iwwer deels nei Weeër nogeduecht misst ginn. Ech hat deemools dem Innenminister Virschléi gemaach fir verschidden Neierungen. Mir konnt se duerch déi virgezunne Wahlen 2013 net op en Enn bréngen. Duerno hu mer näischt méi dovunner héieren, bis mer virun zwou Wochen an der Kulturkommissioun informéiert gi sinn, et wär elo en Aarbechtsgrupp agesat ginn, fir iwwer eng Reform nozedenken.